



Sommaire

1. Dépôt d'une demande de convocation d'une réunion jointe de deux commissions parlementaires par M. Félix Braz
 - M. Félix Braz, M. le Président
2. Dépôt d'une motion par M. Claude Adam
 - M. Claude Adam
3. 5858 - Projet de loi portant modification de:
 1. la loi communale modifiée du 13 décembre 1988
 2. la loi électorale modifiée du 18 février 2003
 - Rapport de la Commission des Affaires intérieures, de la Grande Région et de la Police: M. Gilles Roth
 - Discussion générale: M. Fernand Etgen, M. Jean-Pierre Klein, M. Camille Gira (dépôt d'une résolution), M. Gast Gibéryen, M. André Hoffmann
 - M. Jean-Marie Halsdorf, Ministre de l'Intérieur et à la Grande Région
 - Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel
 - Vote sur la résolution 1 (adoptée)
4. 6126 - Projet de loi portant modification de l'article 457-3 du Code pénal
 - Rapport de la Commission juridique: M. Gilles Roth
 - Discussion générale: M. Fernand Kartheiser, M. André Hoffmann, M. Ben Fayot
 - M. François Biltgen, Ministre de la Justice, M. Xavier Bettel (parole après ministre)
 - Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel
5. 6104 - Projet de loi renforçant les moyens de lutte contre la corruption et portant modification
 - 1) du Code du Travail
 - 2) de la loi modifiée du 16 avril 1979 fixant le statut général des fonctionnaires de l'État
 - 3) de la loi modifiée du 24 décembre 1985 fixant le statut général des fonctionnaires communaux
 - 4) du Code d'instruction criminelle et
 - 5) du Code pénal
 - Rapport de la Commission juridique: M. Gilles Roth
 - M. François Biltgen, Ministre de la Justice
 - Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel
6. 6149 - Projet de loi sur les réseaux et les services de communications électroniques
6180 - Projet de loi modifiant la loi du 30 mai 2005 portant organisation de la gestion des ondes radioélectriques
 - Rapports de la Commission de l'Enseignement supérieur, de la Recherche, des Media, des Communications et de l'Espace: M. Lucien Thiel
 - Discussion générale: M. Eugène Berger, M. André Hoffmann
 - M. François Biltgen, Ministre des Communications et des Médias
 - Vote sur l'ensemble du projet de loi 6149 et dispense du second vote constitutionnel
 - Vote sur l'ensemble du projet de loi 6180 et dispense du second vote constitutionnel

Au banc du Gouvernement se trouvent: MM. François Biltgen, Jean-Marie Halsdorf et Marco Schank, Ministres.

(Début de la séance publique à 14.32 heures)

► **M. le Président.**- Ech maachen d'Sitzung op.

Huet d'Regierung eng Kommunikatioun ze maachen?

Ech gesinn am Moment kee Verrieder vun der Regierung, esou datt se och keng Kommunikatioun ka maachen. Den Här Braz freet direkt d'Wuert.

1. Dépôt d'une demande de convocation d'une réunion jointe de deux commissions parlementaires par M. Félix Braz

► **M. Félix Braz** (déi gréng).- Här President, déi gréng Fraktioun wëllt hei en Dépôt maache vun enger Demande de convocation urgente vun der Commission juridique a vun der fir d'Police zoustänneger Kommissioun. Am Radio 100,7, an der Tageszeitung „Journal“ an op RTL 92,5 sinn haut Informatiounen publizéiert

ginn, déi de Minister Nicolas Schmit betreffen an déi État dovunner maachen, dass den Nicolas Schmit am Joer 2009 schonn eng Kéier bei der Police intervenéiert war an enger Affär, déi ee Member vu senger Famill betrëfft.

Mir froen dofir als gréng Fraktioun, dass déi zwou Kommissiounen d'urgence convoquéiert ginn, d'Commission juridique an déi fir d'Police zoustänneg Intérieurskommissioun, an dass mer an déi Kommissioun de Minister Schmit invitéieren, souwéi och déi zwee zoustänneg Ministeren, den Här Halsdorf an den Här Biltgen.

Mir mengen och, dass een do muss diskutéieren iwwert déi Circulaire, déi vun der Police intern gemaach ginn ass am Kontext vun der sougenannter „Affär Schmit“. Mir mengen, dass et och net duergeet, wann d'Police haut eng Circulaire mécht, fir ze soen, dass ee keng Saachen dierf erausginn, wat eng Zort béise Fanger ass. Mir mengen, dass hei muss um Niveau vun der IGP och eng Aarbecht geleescht ginn, ier ee ka Konklusiounen zéien.

An d'Police deit jo un, dass et méiglecherweis op enger anerer Plaz déi Fuité géif

ginn. Dofir wëlle mer och de Minister Biltgen derbäi hunn, fir eis och mat him iwwert déi aner méiglech Lächer vun de Fuiten ze ënnerhalen. Mir sinn der Meinung, dass hei ganz séier muss reagéiert ginn, well, ech mengen, d'Land, d'Öffentlechkeet huet e Recht drop, endlech an dëser Affär lückenlos opgekläert ze ginn.

Demande de convocation

Monsieur le Président,

Par la présente, nous avons l'honneur de demander la convocation urgente d'une réunion jointe de la Commission juridique et de la Commission des Affaires intérieures, de la Grande Région et la Police.

Selon des informations publiées aujourd'hui par la radio socioculturelle 100komma7, le quotidien «Journal» et RTL 92,5 Monsieur le Ministre Nicolas Schmit serait intervenu auprès de la Police grand-ducale dans une autre affaire impliquant un membre de sa famille.

Nous vous prions d'inviter Messieurs les Ministres Nicolas Schmit, Jean-Marie Halsdorf et François Biltgen pour fournir aux membres des deux commissions les explications qui s'imposent.

Avec nos remerciements anticipés, nous vous prions d'accepter, Monsieur le Président, l'expression de notre plus haute considération.

(s.) Félix Braz, François Bausch, Camille Gira.

► **M. le Président.**- Merci dem Här Braz. Als éischte Punkt vun eisem Ordre du jour vun haut...

(Interruption)

Ah! Den Här Adam huet och nach d'Wuert gefrot. Ech wëll awer vläicht eppes soen. Am Prinzip kann een d'Wuert froen, wann een eng Motioun déposéiert; et ass awer net fir elo iergendwéi zu engem Sujet hei d'Wuert ze ergräifen. Ech hat gemengt, den Här Braz géif eng Motioun deponéieren, et ass awer elo e Brëif.

Eigentlech ass et just d'Méiglechkeet, datt een hei untrëtt an eng Motioun déposéiert. Dat ass à tout moment méiglech. Duerfir wëll ech och direkt dem Här Kartheiser soen, wann en eng Motioun ze déposéieren huet...

(Interruption)

Jo, den Ordre du jour, deen hu mer en Dëschdeg approvéeiert.

(Interruption)

Jo, bon elo...

► **M. Félix Braz** (déi gréng).- Här President, just ee Wuert.

► **M. le Président.**- Jo.

► **M. Félix Braz** (déi gréng).- Mir schécken dat da bien entendu iwwert deen übleche Wee direkt no, fir dass et keng Malentenduë gëtt. Ech soen lech Merci.

► **M. le Président.**- Gutt. Da kritt elo den Här Adam d'Wuert, awer fir eng Motioun ze deponéieren.

2. Dépôt d'une motion par M. Claude Adam

► **M. Claude Adam** (déi gréng).- Merci, Här President. Effektiv, ech wëll eng Motioun déposéieren, an zwar, wat d'Implantatioun vun neien Agrarcenter zu Colmar betrëfft. Ech wëll ganz kuerz rappéléieren, datt eis Landwirtschaft schonn zënter Laangem e Site sicht. Ech wëll och rappéléieren, datt zënter 2009 Kontakter mat Colmar bestanen hunn.

D'Chamber, dat ass, wat d'Motioun proposéiert, féliciteiert der Décisioun vun Colmarer Gemengrot vum 16. Dezember 2010, fir deen Agrozenter do opzehuelen. A vu datt et wichteg ass an urgent, datt eng sécher Planung do ka gemaach ginn, géif d'Chamber d'Regierung invitéieren, datt déi Implantatioun esou séier wéi méiglech kéint zu Colmar réaliséiert ginn, selbstverständlech an Zesummenaarbecht

mat sämtlechen Acteuren, déi do betraff sinn.

Motion

La Chambre des Députés,

- rappelant que les milieux agricoles sont depuis longtemps à la recherche d'un site pour l'implantation d'un centre agricole;

- rappelant que le site de Colmar-Berg fut déjà l'objet de négociations entre la commune et la fédération agricole «De Verband Group» en 2009;

- se félicitant de la décision du 16 décembre 2010 du conseil communal de la Commune de Colmar-Berg en faveur de l'implantation du nouveau centre agro-industriel sur son territoire;

- vu l'intérêt d'une planification sereine et rapide du nouveau centre agro-industriel sur un terrain répondant aux exigences des plans sectoriels établis par le Gouvernement et notamment celui des «grands ensembles paysagers», même si ce plan sectoriel n'est pas encore arrêté définitivement;

invite le Gouvernement

- à faire en sorte que l'implantation puisse être réalisée le plus rapidement possible à Colmar-Berg, en concertation avec tous les acteurs concernés.

(s.) Claude Adam, Félix Braz, Camille Gira, Henri Kox, Viviane Loschetter.

► **M. le Président.**- Merci dem Här Adam. Elo komme mer dann zu eisem Ordre du jour, wéi e vun der Conférence des Présidents festgeluecht gi war. An do hu mer als éischte Punkt haut de Mëtteg de Projet de loi 5858, eng Ofännerung vun der Loi communale. D'Riedezäit ass hei nom Modell 2 festgeluecht, an et hu sech bis elo ageschriwwen: den Här Etgen, den Här Klein, den Här Gira, den Här Gibéryen an den Här Hoffmann. D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorabelen Här Gilles Roth. Här Roth, Dir hutt d'Wuert.

3. 5858 - Projet de loi portant modification de:

1. la loi communale modifiée du 13 décembre 1988

2. la loi électorale modifiée du 18 février 2003

Rapport de la Commission des Affaires intérieures, de la Grande Région et de la Police

► **M. Gilles Roth** (CSV), rapporteur.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, Ännerungen um Wahlgesetz sinn ëmmer en delikaten Exercice. D'Wahlgesetz leet d'Regele vun der demokratescher Auseansetzung fest. Dëse Gesetzesprojet betrëfft méi generell awer och nach déi politesch Rechter hei zu Lëtzebuerg. En Deel vu politesche Rechter geet mat dësem Projet de loi u Leit, déi Netlëtzebuenger sinn, mä déi hei wunnen, a wou mer dervun ausginn, dass se hei zu Lëtzebuerg integréiert sinn.

Et ass dat duerfir e wichtege Projet, iwwert dee mir haut, knapp néng Méint virun de Gemengewahle vum 9. Oktober, ofstëmmen. Dëst ass och doduerch ënnerstrach, dass de Projet de loi herno muss mat enger qualifizierter Majoritéit vun zwee Drëttel vun den Deputéierte gestëmmt ginn.

Här President, de Gesetzesprojet 5858 geet eigentlech schonns op d'Joer 2008 zrëck. Am Virfeld vun de leschte Chamberswahlen huet d'Chamber deemools iwwert de Projet de loi 5859, also souzesoen den Zwillingbrudder vun dësem Gesetzesprojet, eng éischt Serie vun Ännerungen um Wahlgesetz gemaach. Dës hunn ënner anerem d'Aschreiwen op d'Wielerléschte vun den Netlëtzebuenger bis zum 13. Freideg virun dem Wahltermin erlaabt. Deemools gouf och d'Residenzdauer vun den Netlëtzebuenger, fir bei den Europawahlen matzegoen, vu fënnf op zwee Joer erofgesat.



Här President, haut geet et, niewent enger Hällewull vun techneschen Ëmännerunge vum Wahlgesetz, konkret ëm véier Punkten: éischstens, den Zougang vun Netlëtzebuerger zum Schäfferot; zweetens, d'Sprooch, déi am Gemengerot geschwat gëtt; drëttens, d'Onvereinbarkeeten tëschent verschidde berufleche Situatiounen an engem Gemengerotsmandat, a véiertens, d'Prozedur fir d'Asetze vun deem nei gewielte Gemengerot.

Éischstens, den Zougang vun den Netlëtzebuerger zum Schäfferot. Een Netlëtzebuerger, ob EU-Bierger oder Member aus engem Drëttsat, zum Beispill en Amerikaner, e Schwäizer oder e Chinee, kann an Zukunft Member vun engem Schäfferot ginn. Hie kann also net nëmme Gemengeconseiller ginn, mä och Buergermeeschter oder Schäfte, virausgesat, e gëtt an de Gemengerot gewielt.

An deem Kontext sot de Statsminister an der Regierungserklärung vum Juli 2009 dat heiten: „Een anere Konsens ass amgaang, sech erauszubilden. E mécht sech rondërem d'Iddi, dass eis auslännesch Matbierger méi Matsproocherecht um kommunale Plang solle kréien. D'Gemeng ass déi éischt Integratiounsplaz. Et ass an der Gemeng, wou Netlëtzebuerger a Lëtzebuerger sech begéinen, sech kennen a sech schätze léieren. Dofir wëlle mer d'passiivt Wahlrecht fir all Netlëtzebuerger opmaachen. Dofir kënne si och, wat souguer d'Bierger vun der Europäescher Unioun haut nach net kennen, Buergermeeschter oder Schäfte ginn. Mir maachen et esou méiglech, dass d'Integratioun bis hinnenhi ka goen. Mä prälabel Integratioun muss awer sinn. Dofir bleiwen d'Bestëmmungen iwwert d'Residenzdauer och onverännert.“

Här President, wat dës Ouverture fir d'auslännesch Matbierger ubelaangt, kruten 1995 am Kontext vun dem Traité vu Maastricht d'EU-Bierger d'Recht, fir bei de Gemengewahle wielen ze goen. En EU-Bierger kann zënterhier och Conseiller an enger Gemeng ginn, virausgesat, hien huet fënnef Joer am Land gewunnt.

Zënter 2005 kënne bei de Gemengewahlen niewent den EU-Bierger och Leit aus Drëttsate mat wile goen, wa se virdu fënnef Joer am Land gewunnt hunn a sech op d'Wielerlëschten agedroen hunn. Si konnten awer bis elo nach net kandidéieren.

Bei de Gemengewahle vum nächsten Oktober kënnen all Netlëtzebuerger mat wile goen. Si kënnen och kandidéieren, si kënne Gemengeconseiller, Schäfte oder Buergermeeschter ginn. D'Viraussetzung ass, den Netlëtzebuerger wunnt onënnerbrach fënnef Joer am Land, an zwar viru senger Kandidaturerklärung. Well dës spëtstens 30 Deeg virum Wahltermin anzereeche ass, heescht dat, dass een Netlëtzebuerger virum September 2006 am Prinzip muss onënnerbrach am Land gewunnt hunn, fir bei den nächste Gemengewahlen ze kandidéieren.

Mä den Netlëtzebuerger muss net onbedéngt fënnef Joer an där Gemeng gewunnt hunn, wou e kandidéiert. Grad wéi all Lëtzebuerger Kandidat geet et duer, dass hie sechs Méint virum Dépôt vun der Kandidatur an där Gemeng wunnt, wou e kandidéiert; dat heescht also am Prinzip virum Mäerz dëst Joer.

Opgepasst: D'Wahlgesetz schwätzt bei de Gemengewahlen net vun Domicile, mä vu Résidence. Et muss een also do, wou ee kandidéiert, effektiv wunnen. D'Aschreien an de Populationsregister vun enger Gemeng présuméiert, dat heescht hält un, dass een do wunnt. Fir dat unzefechten, muss de Contraire bewise ginn.

Här President, den zweite Punkt ass dee vun der Sprooch am Gemengerot. Wann een Netlëtzebuerger ka Buergermeeschter oder Schäfte ginn, stellt sech natierlech d'Fro vun der Sprooch, déi hie muss an der Ausübung vu senger Funktioun schwätzen. D'Antwort dorop steet am Artikel 14 vun dem aktuelle Gemengesetz. Dësen Artikel staamt aus dem Joer 1995. E gëtt duerch dëse Gesetzesprojet net geännert.

Mat dem Zougang vum Netlëtzebuerger zum Schäfferot kritt d'Sproochbestëmmung am Gemengerot natierlech eng ganz aner Bedeitung. D'Intérieurskommissioun huet sech dofir och mat dëser sensibeler Fro beschäftegt. D'Liesart an dem schrëftleche Bericht ass folgend. Den Artikel 14 vum Gemengesetz, dee seet: «La langue usuelle parlée au conseil communal est le luxembourgeois. Les conseillers peuvent s'exprimer également dans l'une des autres langues visées à l'article 3 de la loi...» vum 24. Februar 1984 «...sur le régime des langues. Nul ne saurait toutefois demander une interprétation de la langue parlée ou une traduction des documents écrits présentés en une des langues visées par la loi précitée ou en toute autre langue.»

D'Regel ass deemno déi hei: Am Gemengerot muss Lëtzebuergesch geschwat ginn. E Gemengeconseiller ka sech op Däitsch oder Franséisch ausdrécken. Hien huet kee Recht op eng Iwwersetzung. D'Gesetz schwätzt vun „conseillers“, déi sech op Däitsch oder Franséisch kënnen ausdrécken, an net vun „membres du conseil communal“.

Deemno muss ee Buergermeeschter oder ee Schäfte Lëtzebuergesch schwätzen. All aner Liesart vun der Gesetzesbestëmmung géif de Prinzip «La langue usuelle parlée au conseil communal est le luxembourgeois» ënnerhiechen. Derbäi kënnt, dass 1995, wéi den Artikel 14 am Kontext vum passive Wahlrecht fir EU-Bierger agefouert gouf, dës nëmme Gemengeconseiller an net Buergermeeschter oder Schäfte konnte ginn.

Historesch gesi konnt mat dem Begrëff „conseiller“ deemno net „membre du conseil communal“ viséiert sinn. Schliesslech gehéiert d'Gemengesetz op juristeschem Plang zum sougenannten „droit public“. An deem Beräich sinn d'Gesetzesbestëmmunge strikt ze liesen an net large ze interpretéieren. Hält e Buergermeeschter sech net un eng Sproochbestëmmung, dann dierft ee Schloss, deen e Gemengerot opgrond vun där Gesetzesmëschung hält, bei den Autorités de tutelle ufechtbar sinn.

Här President, een drëtter Punkt ass dee vun de sougenannten „Incompatibilitäten“, also den Onvereinbarkeeten tëschent engem Gemengemandat a verschidde Funktiounen am öffentlichen Déngscht. 2003 war d'Wahlgesetz schonns eng Kéier op deem Punkt geännert ginn. D'Uwendung vun dem deemolegen Text war an der Praxis méi oder manner schwieereg. Dat huet och e Gerichtsuerdeel an der sougenannter „Affär Wietor“ ënnerstrach.

D'Regierungserklärung aus dem Joer 2009 huet op deem Punkt festgehalten, dass eng sougenannt „liste limitative exhaustive“ vun Incompatibilitäten géif an d'Wahlgesetz ageschriwwen ginn. Dat passiivt Wahlrecht, also d'Recht fir gewielt ze ginn, ass an eiser Verfassung verankert. Jiddwereen, deen dat passiivt Wahlrecht huet, ka Member vun engem Gemengerot ginn, virausgesat, hie gëtt gewielt.

Déi generell Approche ass also de Prinzip: «La capacité est la règle. L'incapacité...», fir gewielt ze ginn, «...est l'exception.» Ausnahme sinn - a kënnen deemno net opgrond vun hirer Funktioun Member vun engem Gemengerot ginn -: d'Ministeren an d'Statssekretären, d'Beamten aus dem Innenministère grad wéi de Verwaltungen, déi dem Innenministère ënnerstinn. Dorënner falen zum Beispill d'Waasserwirtschaftsamt, d'Administration des services de secours an d'Beamte vun den Distriktskommissariater. D'Ursach fir dës Onvereinbarkeeten ass déi, well den Innenministère d'Autorité de tutelle vun de Gemengen ass.

Des Weidere kënnen d'Militaires de carrière grad wéi d'Polizisten, d'Riichter an d'Magistrate vum Parquet net Member vun engem Gemengerot sinn. All dës Leit kënne wuelverstan kandidéieren, mä wa se gewielt ginn, däreft si hirt Mandat net unhuelen, et sief dann, si géifen op hir berufflech Funktioun verzichten.

D'Ministres des cultes, also d'Paschtéier, vun engem Culte, dee mat dem Stat konventionéiert ass, däreften net Member vun engem Gemengerot sinn. Leit, déi eng vun deene Funktiounen hunn, kënne generell a kengem Gemengerot am Land setzen.

(Interruption)

Derniewent gëtt et eng Rei Incompatibilitäten, déi sech op eng bestëmmte Gemeng bezéien. Dozou zielen déi Leit, déi an engem Déngschtverhältnis zu enger Gemeng stinn oder engem Syndikat, wou dës Gemeng Member ass. Eng Incompatibilitéit spillt och fir Leit, déi bei enger öffentlecher oder privater Gesellschaft oder A.s.b.l. schaffen, wou dës Gemeng associéiert ass.

Zum Beispill: Eng Persoun, déi bei der Stad Lëtzebuerg schafft, kann net an dem Stater Gemengerot setzen, mä si kéint zum Beispill zu Stroossen Buergermeeschter sinn. Eng Persoun, déi zum Beispill bei der Gesellschaft Creos schafft, kann net an dem Bartrenger Gemengerot setzen, well d'Gemeng Bartreng Actionnaire vu Creos ass. Eng Persoun, déi bei dem Syndikat SIDOR beschäftigt ass, kann net zu Leideleng am Gemengerot sinn, well d'Gemeng Leideleng Member vum Offallsyndikat ass.

De Kritär ass wuelverstan een Déngschtverhältnis am Sënn vum Aarbechtsrecht. D'Explikatioun ass déi, dass een net zu gläich Patron a säin eegene Salarié ka sinn.

Mä opgepasst: Net betrëfft ass eng Funktioun an engem Verwaltungsorgan am Sënn vum Syndikats- an dem Gesellschaftsrecht. Hei gëtt nämlech kee Lohn oder Gehalt bezunn, mä een Tantième oder Jetons de présence. De Cumul vun engem Syndikatsmandat oder Verwaltungsrotsmandat an engem Gemengemandat bleift also weiderhi méiglech. D'Explikatioun ass déi, dass déi politesch Responsabel an enger Gemeng och hir Kontrollfunctioun an deem Syndikat oder där Gesellschaft, wou d'Gemeng Member ass, iwwerhuele kënnen.

Laang diskutéiert gouf och iwwert d'Incompatibilitäten vum dem Schoulpersonal. Eng Léierin oder e Schoulmeeschter, obscho si zënter der Schoulreform voll a ganz Statsbeamte sinn, kënnen net an där Gemeng, wou si Schoul halen, am Gemengerot sinn. Mä e Schoulmeeschter zu Esch kann zu Suessem am Gemengerot, jo souguer do Buergermeeschter oder Schäfte sinn.

Déiselwecht Regel zielt fir all déi Funktiounen, déi laut dem Gesetz vum 6. Februar 2009 iwwert d'Personnel de l'enseignement fondamental zum Kader vum Schoulpersonal zielen, dat heescht och zum Beispill eng Éducatrice, en Assistant social oder eng Psychologin. De Kritär ass dee vum direkten Intervenéieren an de Schoulbetrib.

Dorënner falen net d'Maisons relais. Eng Éducatrice an enger Maison relais kann also an där Gemeng, wou si an der Maison relais schafft, am Gemengerot sinn. Mä opgepasst: Wa si een direkt Déngschtverhältnis mat der Gemeng huet, geet dat opgrond vun deem, wat ech virun explizéiert hunn, selbstverständlech net. Et ass net d'Maison relais, déi hei de Kritär ass, mä dat direkt Déngschtverhältnis.

Schafft dës Éducatrice fir en Träger, deen d'Maison relais bedreift, ass keng Onvereinbarkeet do. Heiriwwer huet d'Intérieurskommissioun des Längeren diskutéiert. Och d'Regierung deelt dës Approche, obscho den schrëftleche Commentaire des articles op dësem Punkt am urspréngleche Regierungsprojet anescht nach verlaut huet.

Zousätzlech zu dësen Incompatibilitäten mat engem Gemengerotsmandat huet d'Intérieurskommissioun folgend Onvereinbarkeeten iwwer en Amendement parlementaire zum urspréngleche Regierungstext agefouert. Dës Onvereinbarkeete betreffen ausschliesslech de Buergermeeschter respektiv d'Schäfteposten, dat Ganzt an der Optik, fir enger méiglechst grousser Zuel vu Leit den Zougang zu engem Gemengemandat ze erméiglechen.

D'Beamte vun enger Rei vu staatleche Verwaltungen kënnen net Buergermeeschter oder Schäfte vun enger Gemeng ginn, déi an hirt territoriaalt Aufgabebitt fällt. Et sinn dat: d'Beamte vun de Ponts & Chaussées, der Ackerbauverwaltung, der Bauteverwaltung, der Ëmweltverwaltung, der Forst- an Naturverwaltung, der Inspection sanitaire, der Gewerbeinspektioun, de Steierverwaltung vum Stat, also den direkte Steieren, dem Enregistrement, der Douane an dem Kadaster.

Dës Lëscht ass am Konsens vun der Kommissioun duerch en Amendement parlementaire agefouert ginn. Déi Lëscht ass och net nei erfionnt, mä berout zum

groussen Deel op enger Opstellung, déi vun 1987 bis 2003 schonn am Wahlgesetz stoung. Et handelt sech ëm staatlech Verwaltungen, an net ëm eenzel Services! Duerfir léisst et sech och opgrond vun dem Organisationsgesetz vun deene Verwaltungen einfach feststellen, ob eng Incompatibilitéit fir den eenzelne Beamte virläit oder net. Domat ass eng gewësse Rechtssécherheet op deem Punkt ginn.

Wuelverstan betrëfft d'Incompatibilitéit nëmme e Schäfferotsposten oder e Buergermeeschterposten, an net de Gemengeconseiller. Konkret heescht dat, dass de Préposé vun dem Steierbüro op der Cap zu Mamer am Gemengerot ka setzen, mä e kënnt do zum Beispill net Buergermeeschter oder Schäfte ginn. Hie kann awer zu Stroossen Buergermeeschter ginn. Firwat? Mä well déi Gemeng net an dat territoriaalt Aufgabebitt vu senger Déngschtfunctioun fällt.

Sollt deemno no de Wahlen eng méiglech Incompatibilitéit optrieden, also eng Persoun kënnt Buergermeeschter oder Schäfte ginn, besteet d'Méiglechkeet nach ëmmer, duerch eng intern Versetzung an der Verwaltung dës Incompatibilitéit ze ëmgoen. Dësen Amendement, deen, wéi gesot, e Konsens an der Kommissioun war, spiegelt deemno d'Virgabe vun dem Regierungsprogramm, fir eng „liste limitative“ vun Incompatibilitäten ze hunn, erëm a gëtt och eng Rechtssécherheet, well all Verwaltung hirt eegent Organisationsgesetz huet.

Deen Text hat, wéi gesot, och während 16 Joer, vun 1987 bis 2003, am Prinzip Bestand. De Statsrot huet den Amendement vun der Kommissioun och akzeptéiert. E stellt sech d'Fro, wéi et da mat dem Cadre supérieur vun enger Verwaltung ass. D'Liesart vun der Kommissioun war do awer kloer déi: Wann eng generell Kompetenz vun engem Direkter an dem Organisationsgesetz vun der Verwaltung spillt, da bedeit dat och eng generell Incompatibilitéit fir e Buergermeeschter- oder Schäfteposten. Am Kloertext, wann de Cantonnier a sengem territorialen Aufgabebitt net ka Buergermeeschter oder Schäfte ginn, dann zielt dat och fir den Direkter vu Ponts & Chaussées.

Här President, e véierten a leschte Punkt an dem Gesetzesprojet ass dee vun dem Asetze vun dem Schäfte- a Gemengerot no de Wahlen. D'Regierung wollt, am Sënn vun enger Demokratiséierung vun der Bestëmmung vu Buergermeeschter a Schäfte, eng sougenannten „assemblée constituante“ no de Wahlen aféieren. Dës vier aus de Gewielten zesummesat an déi géif dann dem Innenminister e Virschlag maache fir de Buergermeeschter- an d'Schäfteposten.

De Statsrot hat heizou eng Opposition formelle gemaach, well esou eng Approche géint den Artikel 107 (4) aus der Verfassung géif verstoussen, an deem Sënn, dass d'Buergermeeschter an d'Schäfte misste bannent dem Gemengerot erausgewielt ginn.

De Choix vun der Intérieurskommissioun war duerfir deen, fir d'Praxis, déi bis elo bestanen huet, gesetzlech ze verankeren. Dat heescht konkret, dass no de Wahlen eng Majoritéit vun deene Gewielten dem Innenminister e Virschlag fir d'Zesummesetzung vun dem Schäfferot mécht, duerno vereedegt den Innenminister de Buergermeeschter an d'Schäfte. An dorops vereedegt de Buergermeeschter d'Conseillere an der Gemeng, an den neie Gemengerot ass operationell.

Et brauch also net bis zum 1. Januar vum Joer no de Wahlen gewaart ze ginn. Sollt bis zum 1. Januar no de Wahlen sech nach keng Majoritéit erausgebilt hunn, da bleift deen ale Schäfferot esou laang am Amt, bis sech eng nei Majoritéit fonnt huet. No dem 1. Januar kann den ale Schäfferot awer nëmme déi lafend Geschäfte féieren, well mat dem 31. Dezember spëtstens d'Mandat vun dem fréiere Gemengerot ophält.

Här President, zum Schluss wëllt ech soen, dass dat déi Haaptännerungen aus dem



Wahlgesetz waren. Et gëtt doriwwer eraus eng Hällewull technesch Ännerungen, wou ech lech den Detail erspueren an op mäi schréftleche Bericht verweisen. Eng sief awer erausgegraff: D'Zuel vun der Populatioun, déi ausschlaggebend ass, aus wéi vill Memberen e Gemengerot bei den nächste Wahlen besteet, ass déi vum 31. Dezember 2010.

Här President, ech verheemlechen awer net, dass et och e puer Schéinheitsfeeler gëtt, déi weider am Gesetz stinn. Zum Beispill, wann zwee Leit sech den Dag virun de Wahlen bestueden an duerno alle béid gewielt ginn, se net kënnen zesummen am Gemengerot sinn. Gi se awer den Dag no de Wahlen oder während der Amtszeit bestuet, da kéinte Mann a Fra souguer zesumme Buergermeeschter a Schäfte sinn!

Ob dat am Aklang mat dem Gläichheitsprinzip vun der Verfassung ass, iwwerloossen ech de Constitutionnalisten. Dat war wuel nach ëmmer esou. D'Kommission war awer der Meinung, dass do dréngend Handlungsbedarf besteet, fir dat ze änneren.

Bedauert gouf och, dass, wann an enger Majorzgemeng e Kandidat tëschent dem 30. an dem fënneften Dag virun de Wahlen stierft, dann d'Wahlen zwar ëm dräi Méint reportéiert ginn, mä den Doudegen nach ëmmer op der Lëscht stoe bleift! Jo, et ass richtig, och dat stoung nach ëmmer am Gesetz. Mä et gëtt och Zäit, fir déi - op gutt Lëtzeburgeresch gesot - leselzechheet auszebigelen.

(Interruption)

Technesch, Här Hoffmann, wier et och net ganz schwéier gewiescht, déi zwou Coquillen aus dem Wee ze raumen. Et hätt een einfach missen an zwee Artikelen eppes sträichen.

Här President, ech verweise fir de Rescht op mäi schréftleche Bericht a soen allen Deputéierten an der Intérieurskommission Merci fir déi zum Deel kontrovers, mä virun allem ganz konstruktiv Diskussionen. Och dem Sekretariat Merci fir déi exzellent Ënnerstützung beim Verfaasse vun dem Rapport. An ech gi fir mäin Deel emol d'Zoustëmmung vun der CSV-Fraktion zu dësem Projet.

Ech soen lech Merci fir d'Nolauschteren.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. le Président.** - Merci dem Här Rapporteur Gilles Roth. Als éischte Riedner ass den honorablen Här Fernand Etgen agedroen. Här Etgen, Dir hutt d'Wuert.

Discussion générale

► **M. Fernand Etgen (DP).** - Här President, Kolleeginnen a Kolleegen, mir huelen haut fir déi sechste Kéier an deene leschten aacht Joer Modifikatiounen um Wahlgesetz vir. Mir schwätzen awer vu bluttneidege Modifikatiounen, déi an noer Zukunft mussen virgeholl ginn. De Rapporteur huet an deem Sënn elo just vun „leselzechheeten“ geschwat.

Et kann net gutt sinn, wann un engem Basisgesetz vun eiser Demokratie dauernd gepléischtert gëtt. D'Wahlgesetz ass zu engem permanente Chantier ginn. Ee Chantier, op deem et nawell hektesch zougeet, an et ass wäit a breet kee Viraarbechter ze gesinn, deen een anstännege Plang am Grapp huet a géif soen, wou et higeet. Hei ginn zënter Jore kleng Fléckaarbechte gemaach. Et gëtt riets a lénks gepléischtert. Amplaz awer een neit, modernt Haus opzerichten, an deem all d'Awunner sech wuelsen a gär liewen, bastele mir weider un engem hallef verfallenen Albau ronderëm.

Här President, d'Wahlgesetz ass een Hauptpilar vun der Demokratie. Et ass ee Regelwierk, wat stabil, kloer a prezis muss bleiwen. Ee Regelwierk, wat keng Diskriminatiounen zouléisst. Dat sot och den Innenminister bei der leschter Modifikatioun vum Dezember 2008. 2009 an 2010 sollte genotzt ginn, fir dës Diskussionen en toute sérénité ze féieren. De Minister hat deemools och gemengt, mir sollten eis Zäit huelen, fir dat mat Suerg ze

maachen, fir dat mer herno juristescht Kohärenz kréichen.

Deemools huet deeslewechten Innenminister weider gemengt, da kéinte mer och iwwer aner Elementer, wéi iwwert d'Proposition de loi vu mengem Fraktionskolleeg, dem Eugène Berger, schwätzen, fir fakultativ de Wahlalter op 16 Joer erofzesetzen. Mir kéinten dann och iwwert de Vote électronique an aner gesellschaftlech néideg Upassungen diskutéieren. Haut awer schwätze mer iwwer e Projet mat enger Rei Schéinheitsfeeler, esou wéi de Rapporteur gesot huet. Dat seet net nëmmen d'Opposition. Et gëtt eng Rei Onzoulänglechkeeten, déi et och an noer Zukunft gëllt auszebigelen. De Minister wäert herno datselwecht soe wéi 2008: Mir maachen dat an aller Rou an deenen nächste Méint.

Ännerungen um Wahlgesetz brécht een awer net iwwert de Knéi. An och de Statsrot sot 2008: «Le Conseil d'État est d'avis que la matière électorale, en tant qu'elle aménage le fondement de notre système étatique - les élections - doit bénéficier de stabilité et de constance.»

Eng déif gräifend Revisioun vum Wahlgesetz, déi Stabilitéit a Konstanz garantéiert hätt, hätt mir eis anescht virgestallt. Et muss ee scho soen, dass d'Regierung hei e bëssen improviséiert huet a sech selwer ënner Drock gesat huet, fir elo an der leschtméiglecher Ligne droite Modifikatiounen a Kraaft ze setzen, déi eng éischte Kéier bei de Gemengewahlen vum 9. Oktober solle wierksam ginn.

Här President, ech kommen net derlaanscht, fir e puer Wieder iwwert d'Hektik op där leschter Ligne droite ze verléieren. Wat sech an deene leschte 24 Stonne ronderëm dëse Projet de loi ofgespillt huet, ass een eenzeg Trauerspill. Wann d'CSV an d'LSAP a leschter Minutt mierken, wéi d'Prozedur si fir esou ee wichtegt Gesetz, wou se sech jo awer Jore virdrun domadder beschäftegt hunn, da léisst dat déif blécken. Do mussen d'Deputéiert, déi eist Land u sech sollen op internationalem Niveau verrieden, zréckgepaff ginn.

D'LSAP an d'CSV hunn hei een eenzeg chaotescht Bild ofginn, an d'Leit, d'Bierger, mussen sech eeschthaft froen, wou et mat dësem Land higeet. Déi politesch Responsabel diskutéieren iwwer eent vun den elementare Rechter vun engem demokratesche Stat, an éischter duerch puren Zoufall mierke mer dann, eng Minutt virun zwielef, dass een dat net seriö preparéiert huet.

Här President, wat de Contenu vum neie Gesetz ugeet, esou kann ee festhalen, dass et hei ënner anerem ëm Ëmännerunge betreffend dat passivt Wahlrecht fir eis auslännesch Matbierger geet. D'Demokratesch Partei ass an deene leschte Jore net midd ginn, ze soen, dass déi Derogatiounen, déi besoen, dass een EU-Bierger aus engem anere Land net dierf Member vum Schännerot sinn, net méi dem heitegen Zäitgeescht an de Prinzipien vun der Citoyenneté européenne entsprechen.

Haut gi mer zesummen ee Schratt méi wäit. En demokratesch gewielten Netlëtzeburger, dee vun der Majoritéit vum demokratesch gewielte Gemengerot gedroen ass, muss och kënnen Responsabilitéit iwwerhuelen.

De Premier huet dat an der Regierungserklärung esou formuléiert: „D'Gemeng ass déi éischten Integrationsplaz. Et ass an der Gemeng, wou Netlëtzeburger a Lëtzeburger sech begéinen, sech kennen a sech schätze léieren. Duerfir wëlle mer d'passivt Wahlrecht fir all Netlëtzeburger opmaachen. Duerfir kënnen si och - wat souguer d'Bierger vun der Europäescher Unioun haut nach net kënnen - Buergermeeschter oder Schäfte ginn. Mir maachen et esou méiglech, dass d'Integratioun bis hinnenhi ka goen.“

Bei esou Téin, déi den Téin vun enger Sonndesried gläichen, hätt ee kënnen uhuelen, dass d'Bestëmmungen iwwert d'Residenzdauer ofgeschaaft gi wieren.

An deene leschten dräi Joer ass an dësem héijen Haus schrecklech vill iwwert d'Integratioun vun eisen auslännesche Matbierger geschwat ginn. D'Gesetz iwwert d'duebel Nationalitéit, awer och d'Éducationsgesetz waren an dëser Hisiicht extrem wichteg Gesetzter. Déi eigentlech

Bedelegung vun den auslännesche Matbierger um politesch Prozess geschitt awer haaptsächlech doduerch, dass een u Wahlen dierf deelhuelen.

Beim Maastrichter Vertrag hat Lëtzebuerg, opgrond vu senger spezieller Situatioun mat engem Undeel vun iwwer 20% Auslänner, Ausnahmebestëmmungen, wat d'Bedelegungsmodalitéiten ubelaangt, ausgehandelt. Dat war dee Moment richtig a gutt. No 17 Joer Erfahrung stelle mer awer haut fest, dass an dësem Punkt d'Schrauf soll lassgedréit ginn. D'Residenzklausel ass net méi ubruucht! Et goufe keng Abusen oder Anomalien, oder ech weess net wat, festgestallt.

Als DP-Fraktioun hätt mir gäre gesinn, wann d'Residenzklausel ganz ofgeschaaft gi wier. Duerfir huet et och am Wahlprogramm vun der Demokratescher Partei geheescht: „Wir werden bei Europa- und Kommunalwahlen den ausländischen Mitbürgern in allen Belangen dieselben Rechte zugestehen wie den Luxemburgern.“

Här President, mat senger Demande, fir op d'Wielerlëschten agedroen ze ginn, beweist den Auslänner säin Interessi u senger Gemeng a senger Politik. D'Aschreiwungs-demande, mat där entsprecherender Prozedur, ass eng proaktiv Démarche. Den Auslänner ka selwer wielen tëschent viele goen oder net viele goen. Den Auslänner, dee sech op d'Gemeng déplacéiert, fir sech aschreiwene ze loosse, huet deen néidege politesch Feeling, fir en toute connaissance de cause sech u Wahlen ze bedeelegen. Déi Argumenter, fir eng Residenzdauer vu fënnf Joer bei de Gemengewahlen bäizebehalen, hu keng Berechtigung!

Här President, grad um Gemengenniveau leeft d'Demokratie vun der politescher Bedeelegung vu méiglechst ville Biergerinnen a Bierger. Ee Grondsatz muss dobäi d'Gläichheet vun alleguer sinn, onofhängeg vu Geschlecht, Relioun, Rass an och Nationalitéit. Et geet hei ëm onageschränkt politesch Rechter fir all Bierger, déi bei eis wunnen, schaffen a Steiere bezuelen.

D'Regierung huet eng deier Sensibilisatiouncampagne ugekënnegt, fir eis auslännesch Matbierger dozou ze bewegen, sech anzeschreiwene. Déi beschte Sensibilisierung, an och eng, déi näischt kascht, wier eng Prozedur ouni onnéideg Konditiounen gewiescht. Fir d'Demokratesch Partei ass d'Residenzklausel eng onnéideg Konditioun. Ouni dës Konditioun géif all Sensibilisierungscampagne éischter hir Friichten droen!

Här President, Integratioun bedeit, dass d'Lëtzeburger an d'Auslänner sech opeenen zou bewegen. Hei gëtt, par la force des choses, vun den Auslänner dee gréissten Effort verlaangt. Et ass net einfach, an engem frieme Land Fouss ze faassen. Villes gëtt méi lichter, wann ee mam Gefill leeft, wëllkomm ze sinn. Mir als Lëtzeburger müssen eis hei froen, ob mir an dëser Hisiicht déi richtig Signaler setzen. Eng Residenzklausel vu fënnf Joer ass kee positivt Signal an déi Richtung!

Richtig politesch Signaler sinn och wichteg Signaler fir eng besser Bedeelegung um gesellschaftleche Plang. Mir wëlle jo allguer, dass d'Liewen an de Gemenge méi harmonesch gëtt, dass d'Auslänner méi partizipéieren, dass d'Leit alleguer méi zessumewuessen, dass d'Auslänner an eise Veräiner partizipéieren. Et ass jo dat, wat mer virun allem wëllen, a grad dofir ass et onverständlech, dass d'Politik Bremse setzt.

Här President, den Innenminister schwätzt nawell gären dovun, dass d'Wahlchéance vum 9. Oktober eis soll d'Geleeënheet ginn, fir eis als Gemengen ze positionéieren. Wéi stji mer zu enger Réforme territoriale de l'État, zu gesellschaftlechen Eerausforderungen, zur Regionalisierung a regionaler Kooperatioun, zu Fusiounen?

Bei esou Diskussionen iwwer modern Konzepter fir modern Gemenge befaasst d'Politik sech intensiv mam Bierger, senger Aarbecht, senger Famill, senger Fräizäit a sengem sozialen Engagement. An et ass grad dat, wat d'Gemengepolitik esou interessant mécht. D'Gemeng als modernen „service provider“, als Motor vun der Gesellschaft. D'Gemengepolitik, een Engagement fir d'Zukunft!

An dësem Sënn wier et enorm wichteg, dass d'Jugend iwwert de Wee vun de Wahlen un dëser Participatioun an en dëser Diskussionen kéint partizipéieren. Als DP wëlle mir der Zukunft eng Stëmm ginn. Erënnere wëll ech an dësem Zesammenhang un déi fortschrëttlech Proposition de loi vum Kolleeg Eugène Berger, fir de Wahlalter op 16 Joer erofzesetzen.

D'Evolution vun eiser Gesellschaft verlaangt méi eng grouss Öffnung vun der Politik géint iwwer deene Jonken. Déi Jonk wëllen iwwer hir Zukunft matschwätzen a ginn awer weinst hirem Alter vun politesch Debät ausgeschloss. Ee Jonken am Alter vu 16 Joer huet e kritesche Geescht, fir kënnen ze wielen, ob e wëllt viele goen oder net viele goen. Duerfir soll d'Wahlrecht mat 16 Joer fakultativ agefouert ginn.

Duerch déi modern Medien huet de Jonken e besseren Zougrëff zu Informatiounen, wéi dat fir eeler Matbierger de Fall ass. Och hunn déi Jonk ganz oft eng besser Sensibilitéit fir Zukunftsthemen, wéi d'Ëmweltpolitik oder och d'Schoulpolitik, wou déi Jonk déi éischt concernéiert sinn.

D'Wahlrecht mat 16 Joer ass eng Forderung vum Jugendparlament. Och am Europaparlament ass 2010 eng Recommendation, fir d'Wahlrecht mat 16 Joer anzeféieren, ugehall ginn. Wa mer wëllen, dass d'Politik méi zukunftsfaeg a nohalteg gëtt, zum Wuel vun der ganzer Gesellschaft, mussen mer de Wahlalter och bei den Nationalwahlen op 16 Joer erofsetzen.

► **Une voix.** - Très bien!

► **M. Fernand Etgen (DP).** - Och déi Jonk hu Grondrechter. D'Wahlrecht ass een entscheidend Grondrecht, een zentral Biergerrecht. Och déi Jonk si Bierger. De Martin Luther huet scho gesot, bei der Jugend mussen mer ufänken, wann et am Stat soll besser ginn. Mat 16 Joer wielen, ob ee wëllt viele goen oder net viele goen, wier een demokratesche Fortschrëtt, deen der Evolution an eiser Gesellschaft géif Rechnung droen.

Här President, eng Regierung, déi wéi keng aner Problemer op déi kommend Generationen ofwäلت, deet sech natierlech schwéier, deene 16- a 17-Jähregen d'Wahlrecht ze ginn. Dat ass fundamental ongerecht, an net zu Lescht och dofir ass d'DP der Meinung, dass mir de kommend Generationen eng Stëmm mussen ginn. Dofir wëlle mir de Wahlalter op 16 Joer erofsetzen.

Am Joer 2010 misst et och eng Selbstverständlechheet sinn, dass mer bei enger Modifikatioun vum Wahlgesetz iwwert de Vote électronique géifen diskutéieren. Et misst dach spilles méiglech sinn, ee performanten informatesch System, deen de Spezifisitéit vun eise Wahlssystem Rechnung dréit, ze dévelopéieren an esou de Vote électronique méiglech ze maachen. Sou eng innovativ Mesure wier wielerfrëndlech, géif eppes zur Simplification administrative bäidroen a géif bestëmmt d'Demokratie beliewen. Menges Wëssens gëtt et net emol en Aarbechtsgrupp, dee sech mat dëser Problematik beschäftegt an deen d'Evolution vum elektronesch Vote am Ausland am A behält. Mam Aféiere vun der Carte d'identité électronique muss parallel konsequent un dësem Projet geschafft ginn.

Här President, ee Wahlgesetz ze änneren, ass ëmmer eng technesch komplex Aufgab, mä fir d'Bierger vun engem Land virun allem och ee Sujet, dee mat villen Emotionen verbonden ass. Dat gesi mer am beschte bei der Fro iwwert d'Sproocheregelung an eise Gemengeréit. An dobäi gëtt kee Pipcheswiertchen un der aktueller Législatioun geännert. Souguer de Rapporteur huet an engem Interview dee leschte Samschdeg am Profil gesot, ee vun de Kärpunkte vun dëser Reform wier d'Sproocheregelung. Fakt ass, dass bei deem virleiende Projet keng Sill um Artikel 14 vum Gemengegesetz geännert gëtt. Dat Eenzege, wat ännert, ass, dass d'Auslänner dierfe Member vum Schännerot ginn.

An dëser Fro gëtt also vu gewësse Kreesser bewosst Populismus mam Fonctionnement vun eisen Institutionen bedriwwen. Ech mengen awer, mir sollen onverkrampft mat dëser Fro ëmgoen.

Als Lëtzeburger hu mer eis am Alldag, an der Schoul, op der Aarbecht, beim Patt,



am Supermarché ëmmer ausgezeechent duerch ee problemlost sproochlecht Zesummeliewen. Am Alldag gi mer eens. Mir hunn Dageszeitungen an deenen dräi Sproochen. Um Radio an op der Tëlee kommunizéiere mer och a méi Sproochen. Am Ausland gi mer ëmmer beneit, wéi mer mat der Méisproochegkeet ëmginn. Wa mer iwwert de Fonctionnement vun den Institutione schwätzen, gëtt et awer Leit, déi séier d'Wierklechkeet, d'Praxis aus den Ae verléieren.

Fir d'Bedelegung um politeschen, sozialen, ekonomeschen, kulturellen a sportleche Liewen ass et sécherlech vu Virdeel, d'Sprooch vun deem Land ze schwätzen, wou ee wunnt. Wann een d'Sprooch vun engem Land kennt, dann huet ee gutt Kaarten, fir sech ze integréieren. D'Sprooch ass den Ausdrock vum Gemeinschaftsgefühl a vum Gemeinschaftsbewusstsein. Wa mir awer den Ausländer keng Geleeënheet ginn, fir d'Lëtzebuergesch ze léieren, da kënnen si et net schwätzen, a wa se et net kënnen schwätzen, da kënnen se jo och ni d'Chance kréien, fir et richteg ze léieren.

Dofir hu mer an deene leschte Jore verstärkt an eise Gemengen, op der Aarbechtsplaz Coursen ugebueden, déi och exzellent besicht sinn, fir déi auslännesch Matbierger, datt se eis Sprooch kënnen léieren. Déi auslännesch Matbierger wëllen och eis Sprooch léieren, well et ee Virdeel fir si ass. Et ass mir net bekannt, datt et an deene leschte Joren iergendwou ee Kommunikationsproblem gi wier, wou een Ausländer am Gemengerot war.

Och an der Etüd vun der Uni Lëtzebuerg gëtt gesot, d'Ausländer, déi géife sech staark fir d'Politik interesséieren, mä d'Lëtzebuurger Sprooch wier ee Facteur d'exclusion, eng Hürd, iwwert déi der vill nach net sprange kënnen. D'Ausländer géifen éischter aktiv matmaachen, wann et een orale politeschen Débat an dräi Sproochen géif ginn. Esou de Philippe Poirier vun der Uni Lëtzebuerg.

Här President, kommt mir loosse d'Wierinnen an d'Wieler hir Aarbecht maachen! De Wieler hat an huet déi néideg Maturitéit, fir déi Leit an de Gemengerot ze schécken, déi sech no beschtem Wëssen a Gewësse fir d'Allgemengwuel asetzen. An op d'Allgemengwuel soll et jo leschten Enns ukommen.

Här President, bei all gréisser Modifikatioun ass d'Regierung un d'Fro vun den Incompatibilitété fréckele gaang, an de Rapporteur huet drop higewisen, och déi heiteg Modifikatiounen sinn nëmmen ee Konsens, sinn nëmmen ee Kompromëss. An engem Land, wou et nëmmen zwee Décisiounsniveaue gëtt, ass et wichteg, fir eng Vermëschung tëschent staatlechen a Gemeengeföncioune ze vermeiden. De Regierungsniveau an de Gemengenniveau solle getrennt sinn.

Fir dat ze erreechen, hätt mir als Demokratesch Partei léiwer gesinn, mir hätten eng prezis Lëscht vu Fonctiounen kënnen opstellen, déi eng Incompatibilitéit mat sech bruecht hätten. Deen zréckbehalene Kompromëss dréit der Nuance net Rechnung, ob de Beamten als Statsdenger kann Afloss huelen op Décisiounen, déi seng Gemeng betreffen, oder net. De Portier oder de Commis hu kee Pouvoir de décision a kënnen keen Afloss huelen, de Préposé vun engem Service oder de Verwaltungsdirekter awer dergéint kënnen dat. Dee virleiende Kompromëss dréit dëser Nuance net Rechnung.

Et ass och normal, datt d'Leit, déi direkt oder indirekt vun der Gemeng ofhängeg sinn an hir Pai vun der Gemeng kréien, net kënnen an engem Gemengerot sinn.

Ech kommen net derlaanscht, ze soen, datt am Projet vun der Regierung eng Rei Ongereimtheeten dra wäeren. Dem initiale Regierungstext no hätt nämlech zum Beispill d'Botzfra oder d'Kichepersonal vun der Maison relais, egal wien hire Patron gewiescht wier, net dierfen am Gemengerot sinn. Fonctionnaires aus allen Administratiounen hätten dat awer ganz fräi dierfe maachen. Et ass net, datt dat par inadvertance, sou wéi elo am Rapport steet, geschitt ass, mä hei sollt den CSV-Stat mat Liewe geféllt an erfëllt ginn.

Dës Ongereimtheete krute mer awer eréischt no laangen, chaoteschen an och schwierigen Diskussiounen an der Kom-

missioun ausgebigelt. Dat ass awer virun allem de Verdéngscht vum Rapporteur, dem Kolleeg Gilles Roth, dee klore Kapp behal huet a ganz neutral a flichtbewosst...

► **Plusieurs voix.**- Aaaahhh!

► **M. Fernand Etgen (DP).**- ...u seng Aufgab erugaangen ass. Him gëllt e grouse Merci fir seng Konsensfäegkeet, een opriichtege Merci fir säi klaren, prezise schrëftleche Rapport wéi och fir säi mëndleche Rapport.

(Brouhaha)

► **Une voix.**- Dat ass fein vun der CSV!

► **M. Fernand Etgen (DP).**- Här President, opgrond vun enger Recommendation no der Charte européenne de l'autonomie communale war et vun der Regierung gutt gemengt, eng Assemblée des élus locaux anzesetzen, fir deen neie Schafferot ze installéieren. De Conseil d'État wollt awer net mat op dee Wee goen. Fir méi Kloecheit an de Wiessel no Wahlen eranzubringen, ass am Commentaire des articles d'Prozedur, déi ze respektéieren ass, elo genee beschriwwen.

Och aner Onkloecheiten aus der Vergaangenheet konnte berengegt ginn. Bei verschiddenen aneren Onzoulänglecheiten ass awer gemengt ginn, mir sollte bis zu enger nächster Upassung waarden. Sou däerfe Mann a Fra, déi viru Wahlen bestuet waren, net zesummen am Gemengerot siégéieren. Gi se awer eréischt während der Mandatsperiod bestuet, däerfe se allen zwee hiert Mandat fäerdeg maachen.

Anert Beispill ass dat, wat och de Rapporteur zitéiert huet, datt, wann ee Kandidat virun de Wahlen stierft, dann d'Wahlen zréckgesat ginn, de Kandidat awer um Stëmmziedel stoe bleift. Ech mengen, et mécht der Intérieurskommission keng Eier, wann dës Onkloecheete bei enger nächster Modifikatioun vum Wahlgesetz iwwert d'Parteifinanzéierung vun der Institutionskommissionen mussen ausgebigelt ginn.

Här President, bei enger nächster Modifikatioun mussen och d'Dispositionen vun der Bréifwahl moderniséiert ginn, déi dem Zäitgeescht vum Joer 2010 net würdeg sinn. Mir musse vläicht méi Souplesse an den Oflaf vu Wahlen erabringen. Mir kënnen eis jo bei eisen Nopeschlänner inspiréieren, déi d'Prozedur vun engem Vote anticipé kennen.

Bei dësem Projet kann een net vu gudder parlamentarescher Aarbecht schwätzen. Et ass verfeelt ginn, ee modernt Wahlgesetz ze schafen, wat opgrond vun der gesellschaftlecher Evolutioun een demokratesche Fortschritt gewiescht wier. An dësem Gesetz gëtt et widerhin eng ganz Rei vun Ongereimtheeten a vun Ongerechtegkeeten. Sou gëtt iwwert de Wee vum Wahlalter an deem vun der Residenzklausel vu fënnf Joer dausenden Awunner aus dësem Land den Accès zu demokratesche Grondrechter verwiert.

Dofir kann d'Demokratesch Partei dësem Gesetz d'Zoustëmmung net ginn a wäert sech enthalten. Ech soen lech Merci fir d'Nolauschteren.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **M. le Président.**- Merci dem Här Etgen. Als nächste Riedner ass den Här Jean-Pierre Klein agedroen. Här Klein, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Jean-Pierre Klein (LSAP).**- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, Merci dem Rapporteur, dem Kolleeg Gilles Roth, fir säin ausféierleche Rapport a ganz besonnesch fir déi Méi, déi e sech an der Kommission ginn huet, fir dëse Projet de loi zu engem akzeptabelen Enn ze bréngen. Dat war net ëmmer ganz einfach.

Et geet hei ëm weider Modifikatiounen souwuel vum Gemengegesetz wéi och vun der Wahlgesetzgebung, engersäits, wat d'Form ugeet, anersäits och de Fong. Wat an d'Gemengegesetz gehéiert, gëtt aus dem Wahlgesetz eriwergéhol an an d'Gemengegesetz, wou et higeheiert, eragesat. Dat ass och esou vum Conseil d'État proposéiert ginn.

Wat de Fong vu verschiddenen Dispositionen ubelaangt: D'Kärstéck vun dësem Projet de loi sinn déi nei Bestëmmungen, wat d'Wahlrecht vun den net lëtzebu-

gesche Bierger ubelaangt. 1995 hu mer eng europäesch Direktiv hei zu Lëtzebuerg ëmgesat an hunn am Kader vun der Citoyenneté de l'Union européenne de Bierger aus der Europäescher Unioun dat aktiivt a passivt Wahlrecht ënner verschiddene Konditiounen zougestanen. Déi be-traffen net Lëtzebuurger Bierger hu missen hir Aschreiwung an d'Wielerlëschtchen ufroen. Dat ass och nach ëmmer esou. A si kënnen net d'office ageschriwwen ginn.

Lëtzebuerg a senger besonnescher Situation, wat d'Präsenz, den Taux vun Netlëtzebuurger ubelaangt, huet Derogatiounen an där Direktiv kritt. Dat war fir Länner, déi iwwer 20% net nationaler Wieler haten. Mir hunn deemools hei festgehalten, datt den Netlëtzebuurger aus der EU net kann an de Schafferot kommen. E konnt also weder Buergermeeschter nach Schäfte ginn.

Et ass bei där Geleeënheet och d'Sproocheregelung getraff ginn, wou mer gesot hunn, datt den normale Sproochgebrauch am Gemengerot Lëtzebuergesch wier. D'Conseillere kéinte sech awer am Gemengerot an enger vun deenen dräi Sproochen - Lëtzebuergesch, Däitsch oder Franséisch - ausdrécken. Et blouf also garantéiert, datt de Buergermeeschter an d'Schäffen am Prinzip Lëtzebuergesch konnt an dat och geschwat hunn.

2003 hu mer dann d'Dier e Stéck opgemach an hunn de Bierger, déi net aus der Europäescher Unioun kommen, an de Gemengen dat aktiivt Wahlrecht ginn, ouni hinnen awer d'Méiglecheit vum passivt Wahlrecht ze ginn. Domat hu mer bis elo um kommunalen Niveau dräi Kategorië vu Wieler, déi sech an ënnerschiddlechem Mooss um demokratesche Prozesser bedeelege kënnen.

► **Une voix.**- E bësse vill.

► **M. Jean-Pierre Klein (LSAP).**- Mat dësem Projet de loi gi mer e wesentleche Schrëtt méi wäit. Net nëmmen dat aktiivt Wahlrecht, mä och onageschränkt dat passivt Wahlrecht, also och Accès an de Schafferot, maache mer fir d'Netlëtzebuurger op, egal ob se aus engem EU-Memberstat kommen oder net. Dat am Sënn vun der Integratioun vun den Netlëtzebuurger a Lëtzebuurger an den Netlëtzebuurger ënner sech, wat wesentlich zum Zesummenhalt vun eiser multikultureller Gesellschaft bäidréit.

Dat komplett Wahlrecht um kommunale Plang ass e wichtege Bestanddeel vun der Integratioun. Ouni dat kann een net vun Integratioun schwätzen. Déi, déi zu eise Wirtschaftswuesstum bäidroen, musse sech kënnen aktiv un der Gestaltung vun der Liewensqualitéit um lokale Plang bedeelegen an der Zell vun eisen demokrateschen Institutionen, de Gemengen.

Dës „Ouverture“ entsprécht och dem Wahlprogramm 2009 vun der Sozialistescher Partei, vun der LSAP. An ech zitéieren do dee Passage, deen dorëm handelt: „Für den Ausbau des Wahlrechts darüber hinaus wollen die Sozialisten die Beteiligung der Bürger an demokratischen Prozessen ausbauen. Das Referendum soll durch die Möglichkeit einer Volksinitiative vervollständigt werden und unter bestimmten Voraussetzungen auch Nichtluxemburger zugänglich gemacht werden. Daneben soll deren Wahlrecht schrittweise erweitert werden. Der Debatte über die Herabsetzung des Wahlalters und die Öffnung des Wahlrechts für Nichtluxemburger steht die LSAP positiv gegenüber.“ Wat am Regierungsofkomme steet vun 2009, dat huet de Rapporteur hei zitéiert.

De Sproocheproblem am Gemengerot. Den Text vum Gemengegesetz, Artikel 14, gëtt eis eng Garantie: «La langue usuelle parlée au conseil communal est le luxembourgeois. Les conseillers peuvent s'exprimer également dans l'une des autres langues visées à l'article 3 de la loi du 24 février 1984.» Also, a contrario gëtt gemengt, de Buergermeeschter an d'Schäffen net. Déi misste Lëtzebuergesch schwätzen. Ech géif och emol gär dee begéinen, deen de Culot hätt, fir Kandidat op esou e Posten ze sinn, ouni Lëtzebuergesch kënnen ze schwätzen. Een, deen déi Ambitiounen huet, ass och bestreift, fir am Viraus d'Lëtzebuergesch ze léieren.

Wat d'Zuele vun de Conseillere an deene verschiddene Gemengeréit ubelaangt,

dozou gëtt all zéng Joer d'Volkszählung genotzt. Dës Joer ass erëm esou eng Volkszählung. Si ass amgaang 2011. Hir Auswärtung kann natierlech weinst deene kuerzen Délaien net applizéiert ginn. Elo dee Recensement, am Oktober 2011 Wahlen, dat kann net opgoen. Also kucke mer op dee vieregte Recensement décennal.

Deen Text seet: Ass de Recensement décennal méi wéi fënnf Joer al, gëtt d'Populatioun vum leschten 31. Dezember, also an dësem Fall 31. Dezember 2010, an de Gemengen aus dem Bureau de la population geholl. Hätte mer déi nei Gesetzer iwwert de Registre national a Registre communal evakuéiert, kéint een nach méi no un de Wahldag erurückelen, fir d'Zuel vun de Conseillere esou exakt wéi méiglech un déi reell Awunnerzuelen unzepassen. Dat ass da fir déi nächste Kéier, hoffentlech.

Dës Kéier allerdéngs an an Zukunft kënnen mer an eng cocasse Situation kommen, an zwar duerch de System, wéi de Recensement verfiert, an den Zuelen aus dem Bureau de la population. Do kënnen sensibil Décalagen entstoën. D'Gemengen hunn d'Chiffere vun deenen, déi ugemellt sinn, déi sech ageschriwwen hunn, ageschriwwen hunn am Bureau de la population. De Recensement erfaasst déi an och nach vill anerer, déi net ugemellt sinn, déi awer normalerweis sech bestänneg do ophalen.

E Beispill: Dikrech. Den 31.12.2010 Bureau de la population, an nëmmen déi Zuelen. Wier et de Recensement, kéim den Härbiereg derbäi. Dikrech kéint also an der Zuel vun de Conseillere zréckfalen, obschonn datt de Camp militaire Grand-Duc Jean en Deel vun der Dikrecher Populatioun ass an elo net an der Awunnerzuel, eventuell net an der Awunnerzuel mat abegräff ass.

Datselwecht kéint fir Schëtter gëlle mam Schraasseger Prisong an nach aner Institutionen. No där Situation muss also gekuckt ginn. Déi Zuelen hunn och en Afloss op de Congé politique vun den Eluen.

D'Incompatibilitäten, e ganz interessante Sujet! Bei Geleeënheet vun der Reform vum Wahlgesetz, d'neit Gesetz vun 2003, huet d'Bestriewe bestanen, opgrond och vum deemolegen Avis vum Conseil d'État zum Projet de loi, fir Leit aus der Kommunalpolitik erauszehalen, déi kéinten an en Interessekonflikt geroden. Notamment déi Fonctionnaires, déi am Virfeld vun Décisiounen an de Gemengeréit positiven oder negativen Afloss huelen. Dat eben duerch hir Positionen a Kompetenzen an där Verwaltung, wou se dra sinn. Si konnt net an deene Conseile sinn, an déi hir Kompetenz sektoriell oder territorial eragereecht huet.

Mir haten do en allgemengen Text am Artikel 194 (2) vum Wahlgesetz zréckbehalen, dee folgend Portée hat: «Ne peuvent faire partie du conseil communal d'une commune déterminée: - les fonctionnaires et employés de l'État, de ses administrations ou services, si de par leurs fonctions a) ils sont responsables d'un ressort de service qui comprend le territoire de la commune en question; b) ils exercent les compétences sectorielles qui sont susceptibles de se recouvrir ou d'être en opposition avec les intérêts de la commune en question.»

D'Verwaltungsgericht war no de Wahlen, no de Gemengewahlen 2005 mat engem Fall befaasst. Et huet sech gehandelt ëm e Beamten, Fonctionnaire aus enger staatlecher Verwaltung, wou festgestallt gi war, datt säi Betätigungsfeld sech an déi Gemeng ausgedehnt huet, wou e gewielt war. Den Tribunal an d'Cour hunn décidéiert, datt dee Mann net an där Gemeng konnt am Gemengerot siégéieren.

D'Verwaltungsgerichter hunn de Fondement politique vum Artikel 194 (2) folgendermoossen duergeluecht: «Ainsi, le législateur, loin de vouloir écarter du mandat de conseiller communal tous les fonctionnaires disposant d'un pouvoir de décision spécifique en matière administrative ou financière ou encore d'un pouvoir de déci-



sion individuel et autonome, a voulu éviter que font partie du conseil communal d'une commune déterminée des fonctionnaires qui, de par leur domaine de responsabilité, sont mis en rapport avec la commune où ils ont été élus, indépendamment de la question quant à l'exercice effectif du pouvoir dont ils disposent en vertu de leur fonction. Ce faisant, le législateur a entendu exclure dès le départ tout risque d'interférences entre la fonction du fonctionnaire concerné et son mandat de conseiller communal, situation susceptible de se recouvrir ou d'être en opposition avec les intérêts de la commune concernée...» An, dat ass wichteg, dat Wichtegst: «...et ceci par souci de garantir un fonctionnement objectivement correct du conseil communal.»

Et ass also drëms gaangen, fir de Fonctionnement vum Gemengerot objektiv korrekt ze garantéieren an an aller Serenitéit funktionnéieren ze loosse. Dat war am Joer 2006 a kuerz no de Gemengewahlen 2005.

Déi Uerteeler waren deemools der Regierung ze vill haart. Si huet do versicht, d'Incompatibilitäten ofzeschwächen, an huet an engem Projet de loi eng grouss Ouverture gemaach a bal all Incompatibilitäten opginn, an de Problem sollt sech iwwert den Artikel 20 vum Gemeindegesetz léisen. Dat wier awer keng Léisung gewiescht, well dat ass net de Sënn vun den Incompatibilitäten. Et sollt verhénnert ginn, datt am Virfeld déi eng oder aner Gemeng sollt begënschtegt oder benodelegt gi vu fir si maassgebleche Funktionnairen. Den Intérêt général an den Intérêt personnel d'äerfen net matenee verwiesselt ginn.

An dësem Projet de loi gëtt elo eng Lëscht opgestallt vun esou Funktionnairen, déi kënnen an de Gemengerot kommen, mä net an de Schännerot, déi weder kënnen Schaffen nach Buergermeeschter ginn. D'Lat läit net méi gradesou héich. Et ass e Kompromëss, dee fonnt ginn ass. Mir sinn erëm praktesch op der Positioun vun 1987.

D'Nominatioun vun de Buergermeeschteren a Schaffen: Den 18. März 1987 huet Lëtzebuerg déi europäesch Charta iwwert d'Autonomie locale ratifizéiert. 2004 ass vun engem Groupe d'experts vum Congrès des pouvoirs locaux et régionaux d'Europe e Monitoring hei zu Lëtzebuerg gemaach ginn iwwert de Stand vun der Démocratie locale. Dee Rapport ass 2005 zu Stroossbuerg virgestallt ginn; en ass an d'Recommandatioun 172 iwwert déi lokal Demokratie zu Lëtzebuerg agefloss.

Et ass doranner festgehalen ginn, datt d'Designatioun vun der exekutiver Gemengenautoritéit duerch eng staatlech Instanz net konform ass zum Geescht vun der europäescher Charta, souguer, wa se net ausdrécklech vun hir ausgeschloss wier.

De Kongress huet dem Lëtzebuerger Stat recommandéiert, fir eng Prozedur anzeféieren, wou de Schännerot géif vum Gemengerot genannt ginn, dem Gemengerot, dee seng Legitimitéit aus den demokrateschen Wahlen zitt. Den Innenminister hat sech dozou zu Stroossbuerg bereet erkläert. Déi Proposition war och am Rapport 2009 vun der Commission spéciale iwwert d'Reforme territoriale festgehalen ginn. 2008 hat den aktuellen Innenminister déi nei Prozedur am urspréngleche Projet de loi virgesinn, ass awer ënnert d'Rieder komm vun enger Opposition formelle vum Statsrot, déi allerdéngs schwéier verständlech ass.

De Statsrot seet nämlech, d'Assemblée des élus, déi am Projet virgesinn ass, fir de Schännerot ze nennen, géif engem vun der Verfassung virgesinnene Gemengerot net entspriechen. Do freet awer jiddweree sech, wat méi legitim ka si wéi eng Assemblée des élus, déi aus demokrateschen Wahlen ervirgeet. Mä ëmmerhin, de Versuch, fir der europäescher Charta gerecht ze ginn, ass gescheitert, a mir sinn op deem Punkt erëm eemol esou wäit wéi déi aner Kéier.

Iwwregens, wéi ass déi Haltung vum Statsrot vereinbar mam Text vun dem

neien Artikel 5bis vum Gemeindegesetz, dee seet: «Le conseil communal est installé et entre en fonction dès que les nominations et les assermentations du bourgmestre et des échevins, tels que présentés par la majorité des nouveaux élus au conseil communal, ont été opérées.»?

Eng aner Ongereimtheet am Text bleift weiderhi bestoen, an zwar - dat huet de Kolleg Etgen och hei ervirgehewen, de Rapporteur huet et och gesot -, d'Membere vum Gemengerot kënnen net matenee bestuet oder gepacst sinn. An deem Fall kritt dee Member Accès, den déi meeschte Stëmme kritt. Bei Stëmmegläicheit entscheet d'Lous. Geschitt dës Situatioun während der Mandatsperiod, dann ass alles an der Rei. Och den Artikel muss eng Kéier op de Leescht geholl ginn.

Wat d'Situatioun vun de Condamnéierten um Niveau vum Wahlrecht ugeet, dat ass sécherlech eng seriö Diskussioun, déi wäert bei der Geleeënheet vun der Verfassungsreform gefouert ginn, déi de Moment um Ordre du jour ass.

Et bleiwen also sécherlech an dëser Gesetzgebung an nächster Zukunft nach Retouchen, nach munch wichteg Retouchen ze maachen. Mat dësem Projet de loi kréie mer Kloecheit, wat d'Mise en fonction vun neie Conseil ubelaangt. Och wësse mer an Zukunft, wien d'Geschäfte féiert, wann den 1. Januar no de Wahlen déi nei gewielten oder proposéiert Gremien nach net sollte funktionnéieren. D'Situatioun vun den Netlëtzebuerger am Gemengerot ass gekläert an de Sproochgebrauch ass determinéiert. An d'Problematik vun den Incompatibilitäten ass Liicht erabruucht ginn. An duerfir, an deem Sënn, gëtt eis Fraktioun, d'LSAP-Fraktioun, den Accord zu dësem Projet de loi.

Ech soen lech Merci.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. le Président.** - An ech soen dem Här Jean-Pierre Klein Merci. Als nächste Riedner ass den Här Camille Gira agedroen. Här Gira, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Camille Gira (déi gréng).** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, et hu vill Revirementer an dësem Projet de loi an deene leschten Deeg, an deene leschte Stonne stattfonnt, esou dass ech net alles, wat ech mer de Moien a gëschter préparéiert hat, fir hei ze soen, elo brauch a muss soen. Ech kommen herno drop zrëck, fir dat ze erklären.

Här President, et sinn elo gläich 20 Joer hier, dass de Maastrichter Vertrag a Kraaft ass an domat och d'Ausländerwahlrecht an Europa zur Regel gouf. An nach ëmmer hält Lëtzebuerg als eenzegt - ech wëll dat och betounen -, als eenzegt Land, an dat weess och vläicht net jiddwereen heibannen, also als eenzegt Land hale mir nach ëmmer un Derogatiounen fir Ausländer bei der Ausübung vun dësem Wahlrecht fest!

Dat steet eis eigentlech net gutt zu Gesiicht. Ech mengen, et gëtt an deene 27 Länner kee Land, wat esou an aller Hisiicht op den Apport vu sengen auslännesche Matbierger a -biergerinnen ugewisen ass; kee Land, wat esou op eng gutt sozial Kohäsioun ugewisen ass. A wann ee gär eng sozial Kohäsioun hätt, da kann ee vun eenzelne Bierger a Biergerinnen net nëmme Flichten erwaarden, mä da muss een och derfir suergen, dass déi Leit och bei de Rechter, esou wäit wéi et geet, op deeselwechten Niveau gesat ginn.

Ech mengen och, wa mer éierlech si mateneen a wa mer eis éierlech Meinung hei allgeuer géife soen, misste mer eis eigentlech eens sinn, dass déi Residenzkläusel vu fënnef Joer, fir dass en auslännesche Matbierger oder eng Biergerin sech ka viele loosse an enger Lëtzebuerger Gemeng, eigentlech absurd ass, well, wann ee sech konkret virstellt, wat dat eigentlech bedeit, mengen ech, dass mer eis missten eens sinn, dass, wann an enger Proporzgemeng eng Partei e Kandidat oder eng Kandidatin mat engem Joer Residenzzäit nëmme mat op eng Lëscht hält, da wäert se jo wëssen, déi Partei, firwat dass se dat mécht.

A wann an enger Majorzgemeng e Mënsch mat siwe Meint Residenzzäit gewielt géif ginn, da wësst en och d'Wieler an d'Wielerinnen aus där Majorzgemeng, firwat se déi Persoun gewielt hunn an net eng aner.

Gëtt et, Här President, eng besser, eng méi déif Legitimation an enger Demokratie, wéi d'Vertraue vun de Wieler a Wielerinnen?

Duerfir wier eigentlech d'Festhalen un der Residenzkläusel vu fënnef Joer Ursaach genuch fir déi gréng gewiescht, sech beim Vote vun dësem Projet de loi ze enthalten. Mir hätten net dergéint gestëmmt, well d'Opmaache vun de Schänneréit fir d'Ausländer an eisen Aen awer e ganz wichtige Schrëtt no vir ass, mä elo hu mer jo virun zwee Deeg dann erausfonnt, dass een dofir keng, net nëmme fir deen eenzelnen Artikel eng Majoritéit vun dräi Véirel brauch - pardon - zwee Drëttel, mä och fir d'ganz Gesetz.

Mä mir hunn eis als Gréng iwwerzeegt gelooss a mir hunn den Accord bruecht, fir iwwert de Schiet ze sprangen an eise Vote ze änneren - aus enger Rei Ursaachen. Virun allem, well et eis an deem hei Dossier ëm d'Saach geet, well d'Opmaache vun de Schänneréit fir eis e ganz wichtige Schrëtt no vir ass, wat d'Participatioun vun alle Bierger a Biergerinnen hei am Land un der Demokratie ass.

Well et och en Dossier ass, dee mir als Gréng eigentlech vun Ufank un, dass et eis als Bewegung an als Partei gëtt, als ganz wichtig fonnt hunn, dass mer eng Demokratie hunn, wou esou vill wéi méiglech Leit kënnen matmaachen. En Terrain och an eng Fuerderung, muss ech ganz éierlech soen, wa mer emol an d'Wahlprogrammer vun allen hei vertruedene Parteien géife vu virun 20 Joer zrëck kucke goen, da wieren déi gréng zimlech allein auf weiter Flur mat där doter Fuerderung.

Duerfir ass dat eis scho ganz wichteg, a mir si frou, dass dat no 15 Joer streiden a kämpfen endlech haut realiséiert gëtt. A mir wëllen och net verhënnern, mir wëllen net déi sinn, nodeem mer 20 Joer derfir gekämpft hunn, déi elo mat engem negative Vote bei dësem Gesetz géifen derfir suergen, dass e Risiko géif bestoen, dass déi do Bestëmmung fir d'Wahlen den 11. Oktober net kéint stattfannen.

Ech soen lech, et gëtt och nach e ganz perséinleche Grond: Wa mer drun denken, dass eis verstuerwe Kolleegin Adri van Westerop, wann déi hei Bestëmmung scho länger ofgeschaf gi wär an der Zäit, mat grousser Wahrscheinlechkeet Schaffin an der Gemeng Betzder gi wier. Just fir lech och un engem konkrete Beispill ze weisen, wéi absurd dass déi Bestëmmung nach ëmmer war.

Ech weess net, ob et vill Bierger a Biergerinnen an der Gemeng Betzder gëtt, déi esou gutt am Bild sinn iwwer Lëtzebuerger Politik, déi esou gutt am Bild sinn iwwer Betzder Politik, wéi d'Adri van Westerop et war. Mä just de Fait, dass hatt déi Zäit nach eng hollännesch Carte d'identité hat, huet et trotz enger massiver Ennerstëtzung vun der Populatioun net erméiglecht, dass d'Adri an de Schännerot komm ass. Ech mengen, an deem konkrete Beispill ze weisen, wéi absurd et ass. An eleng wéinst dem Adri wär et eis Schold a Pflichtkeet gewiescht, iwwer eise Schiet ze sprangen.

Ech si ganz frou, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, dass haut net mir iwwer eise Schiet sprangen, mä dass no all deem groussen Hin an Hier och d'Majoritéitsparteien, notamment och d'CSV-Fraktioun, déi responsabel ass fir dat Gewulls hei am Tirang - wann ech esou emol d'äerf soen -,...

(Interruptions)

...och iwwer hire Schiet spréngt. Mä och d'LSAP, där misst et manner schwéierfalen, well dat schliesslech en Deel vun hirem Wahlprogramm ass. Och dat apprécieieren ech.

An dass déi Chamber hei vläicht iergendwéi enges gudden Dags ufängt, selbststänneg ze ginn, an och, wann an engem Regierungsprogramm dat hei, wat mer haut stëmme, festgehalen ginn ass, dass mir eis sollen, wa mir - eigentlech de Gros vun de Leit heibannen - eens sinn, dass déi Dispositioun do absurd ass, dass mer no de Wahlen vum Oktober emol kucken, wat geschitt mat deenen neie Bestëmmungen, déi mer hunn, an dass mer eis eng Kéier zesummesetzen a frësch doriwwer diskutéieren, ob een net awer nach an dëser Legislaturperiod déi absurd Dispositioun

zumindest kann nach eng Kéier reduzéieren, wann net franchement ofschafen.

Duerfir sinn ech ganz frou, Här President, lech hei eng Resolutioun kënnen ze iwwerreechen, wou de Gros vun de Fraktiounen, mengen ech, hei d'accord ass, fir no de Wahlen nach eng Kéier doriwwer ze stëmmen.

Résolution 1

La Chambre des Députés,

- *considérant l'importance des élections communales du 9 octobre 2011;*

- *rappelant que l'esprit des traités européens vise à encourager l'intégration des citoyens européens;*

- *considérant que la présence de non-Luxembourgeois, issus d'un pays membre de l'Union ou d'un pays tiers à l'Union, sur le territoire luxembourgeois est une caractéristique significative du Grand-Duché de Luxembourg;*

- *considérant qu'à l'avenir il ne sera plus fait de distinction dans la législation afférente entre citoyens de l'Union et citoyens issus de pays tiers;*

- *considérant que les délais de résidence requis pour l'exercice de l'électorat actif et passif restent les éléments de la législation autour desquels un consensus ne s'est pas encore dégagé;*

décide

- *à l'issue des élections du 9 octobre 2011, d'analyser le déroulement de ces élections et de rediscuter les dispositions relatives au délai de résidence en vue de le réduire.*

(s.) Camille Gira, Alex Bodry, Fernand Etgen, André Hoffmann, Gilles Roth, Jean-Louis Schiltz.

Dat erliichtert eis, muss ech soen, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, natierlech nach méi, dass mer dëst Gesetz trotz dëser Kläusel haut wäerte kënnen stëmme an eis net mussen enthalten. Ech mengen, dass dat schlussendlech e gutt Resultat vun enger würdiger parlamentarescher Aarbecht ass, wou deen een eppes gëtt an deen anere gëtt eppes zrëck. Ech géif mer wënschen, dass mer méi oft an dësem Haus hei op déi Aart a Weis kéinte funktionnéieren, net ëmmer jiddwereen a senger Prisongszell vu Majoritéit an Opposition géif sëtzen.

Ech wëll awer och an deem Kontext vun vläicht e Wuert fale loosse iwwert déi a leschter Zäit, besonnesch iwwer Lieserbréiwer, vill diskutéiert Dispositioun, iwwer wéi eng Sprooch dann elo zu Lëtzebuerg an de Gemengeréit am Oktober soll geschwat ginn.

Ech sinn och hei net ganz frou, dass den Innenministère net nëmme fir Onrou beim ganze Projet de loi gesuergt huet, dass en net vu vireran erausfonnt hat, dass d'ganz Gesetz misst mat 40 Stëmme gewielt ginn, mä och duerch an eisen Aen eng relativ konfus Äntwert op eng Question parlementaire leider dobaussen net Kloecheit geschaf huet, mä éischer fir Duerjernee gesuergt huet. Ech kann nëmme dat widerhuelen, wat de Rapporteur hei gesot hunn.

Mir hunn déiselwecht Lecture vun de bestehende Gesetzestexter. D'Langue usuelle wäert och nom 9. Oktober 2011, a wann et och sollt deen een oder aneren auslännesche Buergermeeschter oder Schäfte ginn, nach ëmmer Lëtzebuerger sinn. An d'Conseillère konnte wéi bis elo a kënnen wéi bis elo Lëtzebuerger oder Däitsch schwätzen, ouni mussen, ouni d'Recht ze hunn, eng Iwwersetzung ze maachen. An domat ännert net ganz vill an der Realitéit.

Ech wollt och emol d'Géigefro stellen. Déi Leit, déi elo fäerten, et wier deen een oder anere Conseiller, deen eventuelle Buergermeeschter, deen dann eventuell hätt solle Franséisch schwätzen, deen net géif verstoen, da stellen ech d'Géigefro: A wéi enger Connaissance de cause sinn déi Leit da capabel, Délibératiounen, déi e Gemeinsekretär an engem relativ komplizierte Franséisch schreift, en âme et conscience ze ënnerschréien?

Da wëll ech awer och déi Géigefro stellen. Et kann een eng Rei Froen an Diskussiounen net ëmmer nëmme op eng Richtung féieren. Wann, da muss een esou fair



sinn, zwou Richtungen ze féieren. An ech mengen, mir sinn eis eigentlech eens, dass dat hei och kee Problem wäert ginn.

Well ech soen lech datselwecht Beispill mat Majorz a Proporz: Kënnst Der lech virstellen, dass an enger Proporzgemeng eng Partei oder eng Koalitioun vun zwou Parteien e Mënsch géif Buergermeeschter maachen oder Schaffen, dee wierklech kee Lëtzebuergesch géif kënne? A kënnt Der lech virstellen, dass an enger Majorzgemeng vun néng Conseillere fënnf Conseillere d'accord wäeren, fir ee Buergermeeschter oder Schaffen ze maachen, dee kee Lëtzebuergesch géif kënne?

Ech mengen, mir diskutéieren hei scho laang iwwer theoretesch Fäll, déi an der Praxis souwisou...

(Interruption)

...net wäerte virkommen.

An ech kann lech och e ganz konkret Beispill soen, zu wat et féiert, wann ee méi opmécht. An der Gemeng Biekerech hu mer scho virun 20 Joer decidéiert, dass Auslänner an Auslännerinnen, déi bei eis wunnen, net nëmme kënne Member vun der Auslännerkommissioun sinn, mä vun alle Kommissiounen. Déi Regel, déi elo gëllt an ab Oktober vläicht méi oft och an de Gemengeréit gëllt, gëllt zu Biekerech scho längst an de Kommissiounen. Do ass et esou: D'Lëtzebuurger schwätze Lëtzebuergesch, an d'Auslänner si gebieden, entweder, wa se kee Lëtzebuergesch kënne, Franséisch oder Däitsch ze schwätzen an awer Lëtzebuergesch ze verstoen. An ech kann lech soen, dass dat zënter 20 Joer ganz gutt an exzellent fonctionnéiert an dass do nach ni Kommunikationsproblemer waren.

Mä wat mer awer gesinn, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, dat ass folgenden Effet: dass déi Auslänner an Auslännerinnen, déi eng Zäitchen an enger Kommissioun setzen a vläicht als Eenzeg do Däitsch oder Franséisch schwätzen, déi éischt sinn, déi sech, soubal eng Méiglechkeet sech hinne bitt, an e Lëtzebuergeschkurs aschreiwen, fir eis Sprooch ze léieren. Well se sech awer mat der Zäit relativ komesch virkommen, wa si déi Eenzeg sinn, déi an enger Kommissioun eventuell Franséisch oder Däitsch schwätzen, a wëllen op darselwechter Sprooch a mat darselwechter Kommunikatioun mat deenen anere maachen.

Ech mengen, fir eis als Gréng ass d'Konklusioun kloer: Nëmme, wann een d'Auslänner un der Demokratie deelhuele léisst, incitéiert ee se zur Integratioun an zum Léiere vum Lëtzebuergesch. Wann een awer als Alleréisch déi total Beherrschung vun der Lëtzebuurger Sprooch virasussetzt, hält ee vill Auslänner vum öffentlech Liewen ewech. Ech mengen, dat sollte mer eis eemol virun Aen halen an da komme mer besser weider.

Nach ee Wuert zu där zweeter wichteger Ännerung. Dat sinn d'Incompatibilitäten. Do ass hei 2003 eng nei Regelung, déi relativ wäit gaangen ass, agefouert ginn. Dunn ass en Uerteel Wietor komm a relativ vill Opreegung am Land entstanen.

Ech muss ganz éierlech soen, déi gréng ware guer net opgereggt an déi gréng ware guer net iwwerrascht. Ech weess net, wat d'Conseillere, also d'Deputéierte vun där deemoleger Majoritéit sech geduecht haben, wéi se de Knäppche gedréckt hate fir déi Regelung!

Fir eis war dat do kloer. An ech muss lech soen, wann den Här Wietor mech gefrot hätt, ier e sech opgesat hätt zu Luerenzweiler, hätt ech him gesot: „Menger Meinung no kanns du net an deem Gemengerot bleiwen, wann s du gewielt gëss. Well genau dat do hu mer an der Chamber gestëmmt a genau dat do wollte mer deemools an der Chamber: keng Vermischung vum nationalen Niveau an deem kommunalen.“

Mir hunn an deem Land hei nëmme zwou administrativ Niveaue. A mir fannen et als Gréng net glécklech, wann do och nëmme e Verdacht besteet bei de Leit dobaussen, dass déi eng Gemeng besser ewechkënn, well se vläicht e Buergermeeschter oder e Schaffen huet, deen an enger wichteger staatlecher Verwaltung sëtzt. Oder op där anerer Säit, wann da vläicht deejéinegen dann an der Oppo-

sitioun sëtzt, dass déi Gemeng Schwieregkeeten hätt, fir eng Rei Dossiere genehmegt ze kréien. Dat fanne mer, nieft allen anere Verdachtsmomenten, déi a leschter Zäit jo vill opkomm sinn, keng gutt Léisung.

Mir waren du guer net frou, wéi d'Regierung hei e Projet presentéiert huet, wou se déi ganz Bestëmmungen einfach esou fale gelooss huet. A mir sinn dem Rapporteur Gilles Roth hei dankbar, dass hie seng Missioun als Rapporteur, méi wéi vill anerer an där Missioun, erfüllt huet a probéiert huet, a senger Missioun als Rapporteur e Kompromëss erbäizeféieren.

No laangen Diskussiounen mat Bäitrag vun deenen engen a vun deenen aneren, mengen ech, hu mer och an deem Punkt e Kompromëss fonnt, dee mir als Gréng och kënne droen. Mir waren net Demandeur a mir hätte ganz gutt kënne liewe mat där Formule, wéi se 2003 dragesat ginn ass. Elo kënnt Der soen: „Dir hutt vläicht als Partei net esou vill Verwaltungsdirektoren wéi vläicht eng LSAP an eng CSV“, mä ech mengen, et gëtt fir eis eng prinzipiell Ursach.

Déi Lëscht, déi éischters opgestallt ginn ass, an och de Fait, dass ee wuel en Ennerscheid mécht tëschent engem Schafferot an engem Gemengerot bei den Incompatibilitäten, dat kënne mir droen. Dat ass eng pragmatesch Approche.

Een, deen an engem Gemengerot, an engem Schafferot ass, weess, dass schonn e fundamentalen Ennerscheid ass an der Qualitéit vun deem Mandat, ob ee Conseiller oder Buergermeeschter ass. Als Conseiller kritt ee méi oder weëneger fäerdeg Dossiere virgeluecht an da seet ee jo oder neen. Mä als Schaffen an als Buergermeeschter ass ee vun A bis Z mat der Ausschaffung vun eenzelne Projeten, vun eenzelnen Démarchen, vu Verhandlungen och, net nëmme mat Privatleit, mä mat Verwaltung beim Stat permanent konfrontéiert.

Ech mengen, do geréit ee ganz séier an Interessekonflikter. An zu wat dass dat ka féieren, hu mer an der leschter Zäit gesinn. Och hei soll ee Leit iwwerhaupt net an d'Situatioun bréngen, dass se an Interessekonflikter kommen. Duerfir kënne mer och déi Bestëmmung do matdroen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mir haben eigentlech gefaart, dass dat hei e ganz schlechten Dag wier, dass et, ausser déi Avance mat dem Opmaache vun de Schafferéit, dat Eenzege wier. Ech sinn elo ganz frou, dass mer eng Majoritéit hunn, fir no de Wahlen iwwert déi verbleiwend Residenzklausele nach eng Kéier ze diskutéieren.

Et ass richtig, wat de Riedner vun der DP gesot huet. Och mir wiere frou gewiescht, wann ee vun der Geleeënheet profitéiert hätt, iwwert de Wahlalter vu 16 Joer ze diskutéieren. Et gëtt och nach Proposition-de-loie vun eiser Säit iwwert d'Wahlleschten, wat d'Besetzung vu Fraen a Männer ubelaangt. Et gëtt nach aner Punkten.

Déi Uso, et géif der Lëtzebuurger Demokratie gutt zu Gesiicht stoen, wa mer iergendwéi eng Kéier mat deem endlose Chantier Wahlgesetz, där „neverending story“ Wahlgesetz géifen ophalen, dass mer eis eng Kéier géifen zesummesetzen, fir wierklech eng seriö Diskussioun ze féieren, wat dann e modernt Wahlgesetz ass fir eng modern Demokratie am 21. Jorhonnert, ënnert där spezifischer Situatioun mat 40% Auslänner an Auslännerinnen, mir si gespaant, ob dës Regierung dat fäerdeg bréngt. Mir zweifelen e bëssen drun. Mä vläicht ass déi Resolutioun, déi da gestëmmt gëtt, en Ufank, fir e bësse méi wäit ze goen.

Ech soen lech Merci.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. le Président.** - Ech soen dem Här Gira Merci. Als nächste Riedner ass den Här Gibéryen agedroen. Här Gibéryen, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Gast Gibéryen (ADR).** - Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, ech wëll och am Ufank vun eiser Säit aus dem Kolleeg Gilles Roth Merci soe fir säi Rapport, deen e gemaach huet, souwuel dee schréfftleche wéi dee mündlechen. An ech wëll mech och hei de Wieder vu menge Virriedner uschléissen, dass et e

grousse Mérite ass vun eise Rapporteur, vun der Kommissioun zu dësem Projet, dass mer eng objektiv an eng neutral Diskussioun an eiser Kommissioun haben an och op enger Rei vu Punkte konnten zu Kompromësser kommen, déi vun allen an der Kommissioun vertrauene Parteien gedroe sinn.

Ech sinn och frou, Här President, dass d'Präsidentekonferenz fir dës Projet de loi, wat jo awer e wichtige Projet de loi ass, de Modell 2, wat den Temps de parole ubelaangt, proposéiert huet. D'Kommissioun, op Proposition vun hirem President, wëllt nëmme de Modell 1 proposéieren. Ech hat do de Modell 2 proposéiert; d'Kommissioun de Modell 1. An duerfir verstitt Der, dass ech frou sinn, dass d'Präsidentekonferenz, ouni et ze wëssen, menger Iddi a menger Fuerderung Rechnung gedroen huet, well et awer e wichtige Projet ass. An ech mengen, mir sollten hei net op fënnf Minutte kucken, fir iwwer esou e Projet ze diskutéieren. An duerfir ass deen dote Modell dee richtigen.

Dat Gesetz, wat mer haut hei diskutéieren, Här President, dat ass e Gesetz, wat am Fong véier Haaptpunkten huet. Deen éischte Punkt ass d'Ausweidung vum passiven Wahlrecht op d'Netlëtzebuurger an domadder den Zougang, d'Méiglechkeet och zu de Mandater am Schafferot: Buergermeeschter respektiv Schaffen. Den zweete Punkt ass d'Sprooch, déi am Gemengerot geschwat gëtt. En drëtte sinn d'Incompatibilitäten. An e véierten d'Formatioun oder d'Prozedur, wéi en neie Gemengerot agesat gëtt.

Déi zwéi wichtegst Punkten an dësem Gesetz si fir eis sécherlech, éischters, dass an Zukunft och Netlëtzebuurger kënne Posten als Buergermeeschter a Schaffe besetzen, an zweetens, d'Sprooch, déi am Gemengerot üblech ass. Ech wëll mech och dofir prioritär mat dësen zwéi Punkte befaassen.

Deen éischte Punkt: Netlëtzebuurger am Schafferot. E Punkt, dee vill diskutéiert gëtt am Zesammenhang mat dësem Gesetz. Et geet eiser Meinung no hei ëm e Prinzip, ëm d'Souveränitéitsrechter, déi eiser Meinung no - an dat steet och an eise Wahlprogramm - ëmmer musse reservéiert bleiwe fir Leit mat Lëtzebuurger Nationalitéit.

Well dëst en Ofriede vun de Souveränitéitsrechter un Netlëtzebuurger ass, muss dëst Gesetz dann och, esou wéi et an dem Artikel 114 vun der Constitution steet, mat enger deementspreechender Majoritéit gestëmmt ginn. Wéinst de Souveränitéitsfroen ass d'ADR och ëmmer derfir agetratt, dass fir d'Chamberswahlen souwuel dat aktiivt wéi dat passivt Wahlrecht muss de Lëtzebuurger mat der lëtzebuergescher Nationalitéit reservéiert bleiwen. An datselwecht zielt fir ons um kommunale Plang, wat d'Besetzung vu Schaffersposten, also Buergermeeschter oder Schaffen, ubelaangt.

Als ADR si mer och an der Vergaangenheet ëmmer derfir agetratt, a mir trieden ëmmer méi derfir an, dass a Froe vun der nationaler Souveränitéit, a Froen, wou mer als Land Souveränitéitsrechter ofginn un international Institutionen oder Gremien, oder wéi an dësem Fall un Netlëtzebuurger um Niveau vun de Gemengen, dass et do richtig wier, wann ee géif iwwer e Referendum d'Wieler, d'Lëtzebuurger mat decidéiere loossen. Dat wier eiser Meinung no déi richtig Basisdemokratie. Dat wier déi richtig Legitimation, wann een esou Ännerungen an esou wichtige Froen virhëlt.

Mir stinn als ADR net eleng mat där Meinung do. Dës Fro vun de Souveränitéitsrechter, vun der Puissance publique gëtt och vill an der Öffentlichkeit dobaussen diskutéiert.

D'Gesetz vun 1995 huet den EU-Bierger d'Recht ginn, fir als Conseiller ze kandidéieren. An der Debatt an der Chamber vum 7. Dezember 1995 huet den deemolege Rapporteur, de Kolleeg François Biltgen, erkläert, firwat dat passivt Wahlrecht nëmme op Conseillere an net op de Schafferot ausgedehnt gëtt.

En huet et esou erkläert. „Woufir?“, huet e gefrot. „Well mer ëmmer - an dat ass och en allgemenge Punkt vun der Direktiv -

der Meinung waren, dass exekutiv Funktionen, do, wou d'Puissance publique matpillt, sollte prinzipiell de Lëtzebuurger virbehale ginn.“

An den Här Luc Frieden als mandatéierter Sprecher vun der CSV huet an darselwechter Debatt de 7. Dezember 1995 gesot: „En drëtte Punkt ass dee vun de Konditionen, fir Buergermeeschter a Schaffen ze sinn, dass een duerfir muss Lëtzebuurger sinn. Dat ass en allgemenge Prinzip, deen och an deenen anere Länner gëllt. Wann een deelhëlt un der Ausübung vun enger staatlecher Gewalt, da muss een och an deenen anere Länner an Europa d'Nationalitéit vun deem Land hunn.“ Et gëtt also eng kloer prinzipiell Objektioun.

Wann een och vläicht deemools nach konnt driwwer nodenken, fir Netlëtzebuurger d'Recht ze ginn, fir verschidde Funktionen ze besetze mat Souveränitéitsrechter, esou huet déi Situatioun sech awer grondleeënd geännert zënter dem Gesetz iwwert d'duebel Nationalitéit.

D'duebel Nationalitéit, wéi mer déi hei an der Chamber diskutéiert hunn, debattéiert hunn, huet den deemolege Rapporteur, de Kolleeg Laurent Mosar, an der Sëtzung vum 15. Oktober 2008 dat heite gesot: „Mat der Unerkennung vun der duebeler Nationalitéit ginn net nëmme d'Integratiounseffort vun eisen auslännesche Matbierger hei zu Lëtzebuerg unerkannt, mä déi auslännesch Matbierger kënne, wa se dann eis Nationalitéit unhuelen, an Zukunft och um aktiven a passiven politeschen Liewen an eise Land deelhuelen.“

„...wa se dann eis Nationalitéit unhuelen.“ An en huet dës Bemierkung direkt als zweete Saz a sengem mündlechen Rapport hei an der Chamber gesot, fir domadder ze ënnersträichen, wat ee vun den Hauptpunkte vun der duebeler Nationalitéit ass.

Et huet also jiddwereen zënter der Aféierung vun der duebeler Nationalitéit d'Méiglechkeet, an enger kuerzer, onkomplizierter a gratisser Prozedur Lëtzebuurger ze ginn a seng ursprénglech Nationalitéit weider ze behalen. Et gëtt duerfir keng objektiv Kritik méi, fir ze soen, mir müssen Netlëtzebuurger d'Recht zouerkennen, fir kënne Buergermeeschter oder Schaffen ze ginn. Ech zitieren nach eng Kéier de Saz vum Kolleeg Mosar als Rapporteur deemools, dee gesot huet: „...wa se dann eis Nationalitéit unhuelen.“

Dat Gesetz hei gëtt elo gemaach fir déi Leit, déi net vun der duebeler Nationalitéit wëlle profitéieren. Jo, et kann ee soen, fir déi Leit, déi eis Nationalitéit net wëllen, se quasi refuséieren, déi domadder och wëlle keen Zeeche vun Integratioun maachen, well soss géife se eis Nationalitéit niewent hirer Nationalitéit unhuelen, an da géif sech kee Problem méi stellen. An et géif sech och kee Problem méi mat der Sprooch stellen, well am Kader vun der duebeler Nationalitéit, wann een d'Lëtzebuurger Nationalitéit unhëlt, ee jo och d'Lëtzebuurger Sprooch muss schwätzen.

Hei geet awer elo eng Majoritéit hin a seet, gutt, wann der am Kader vun der duebeler Nationalitéit eis Nationalitéit net wëllt, da kënnt der trotzdem awer Buergermeeschter a Schaffe ginn, ouni eis Nationalitéit.

Här President, mir fannen, dass dat e Schrëtt ass, deen am Kader vun der duebeler Nationalitéit net méi hei zu Lëtzebuerg ubruecht ass, well domadder fuerdere mer keng Integratioun, domadder gi mer de Leit d'Méiglechkeet, fir ze soen: Och wann der iech net integréiert, och wann der niewent ärer Nationalitéit eis Nationalitéit net wëllt, da kënnt der awer Buergermeeschter a Schaffe ginn. Dat ass e Schrëtt, aus eiser Siicht, an déi falsch Richtung!

Et muss ee sech och d'Fro da stellen, wa muer de Buergermeeschter net méi brauch Lëtzebuurger ze sinn, ob dann iwwermuer nach muss de Sekretär, de Receveur oder soss Gemengefonctionnaire Lëtzebuurger sinn, wann déi Leit, déi iwwert hinnen d'Responsabilitéit an de Gemengeréit droen, net méi d'Lëtzebuurger Nationalitéit hunn.



Deen nächste Schrëtt wäert also elo sécherlech sinn, nodeem datt mer elo op Gemengenniveau opgemaach hunn, datt och Netlëtzebuurger kënne souwuel dat aktiivt wéi passivt Wahlrecht net nëmmen am Gemengerot, mä och am Schännerot hunn, da wäert deen nächste Schrëtt elo sinn, fir dat aktiivt Wahlrecht op Chambers-niveau an duerno dat passivt Wahlrecht op Chambersniveau anzeféieren. D'ADR ass mat där Dispositioun net averstanen.

En zweete Punkt ass d'Sprooch am Gemengerot. D'Sprooch ass fir vill Leit méi wichteg wéi d'Nationalitéit. Wa Leit sech verstinn an op Lëtzebuergesch matenee schwätzen, besti praktesch keng Barrière méi tëschent de Bierger. D'Sprooch ass a bleift duerfir dee wichtigsten Integrationsfaktor. Duerfir, wa Leit matenee schwätzen, déi verschidden Nationalitéiten hunn, a si schwätzen awer eng an déiselwecht Sprooch, Lëtzebuergesch, dann ass bei deene Leit iwwerhaupt keng Fro méi, wat fir eng Nationalitéit deen aneren huet, well se ebe kënne matenee schwätzen.

Duerfir froen och vill Leit am Land sech, stelle sech also d'Fro, wéi iwwerhaupt mir driwwer diskutéieren hei am Land, wat fir eng Sprooch an engem Lëtzebuurger Gemengerot soll, kann oder därer geschwat ginn. Fir vill Leit an och fir d'ADR ass et nëmmen eng Normalitéit, eng Selbstverständlechkeet, datt an engem Lëtzebuurger Gemengerot och Lëtzebuergesch geschwat gëtt. Fir vill Politiker awer hei an der Chamber schéngt dat net méi esou de Fall ze sinn.

Et ass eis kee Land bekannt, wou esou eng Diskussioun stattfënnt oder wou esou eng gesetzlech Dispositioun besteet, datt een zum Beispill kéint a Frankräich an engem Gemengerot eng aner Sprooch schwätze wéi Franséisch. Dat ass net virstellbar.

► **Une voix.**- Déi hunn eben nëmme Fransousen dosëtzen!

(Brouhaha)

► **M. Gast Gibéryen (ADR).**- Lëtzebuerg huet wuel dräi administrativ Sproochen, déi am Sproochegesetz vum 24. Februar 1984 festgehale sinn.

► **Une voix.**- Wéi eng Sprooch gëtt et dann do, Här Gibéryen?

► **M. Gast Gibéryen (ADR).**- Mir schwätzen hei vun der Sprooch. Et gëtt eng Differenz tëschent der administrativer Sprooch, an et gëtt eng Sprooch, eng Differenz vun der nationaler Sprooch, an dat ass nach ëmmer Lëtzebuergesch.

► **Une voix.**- Okay.

► **M. Gast Gibéryen (ADR).**- Et ass dunn am Gemengegesetz festgeschriwwen ginn, wat d'Sprooch an de Gemengeréit ubelaangt: «La langue usuelle parlée au conseil communal est le luxembourgeois. Les conseillers peuvent s'exprimer également dans l'une des autres langues visées à l'article 3 de la loi du 24 février 1984 sur le régime des langues. Nul ne saurait toutefois demander une interprétation de la langue parlée ou une traduction des documents écrits présentés en une des langues visées par la loi précitée ou en toute autre langue.»

Et ass virdrun hei eng Erklärung ginn, wéi mer se och an der Kommissioun diskutéiert hunn. Et ass eng Erklärung ginn, wéi de Rapporteur se och a sengem Rapport festgehale huet. Dat war nämlech, géif ech soen, en Zoufall, well ech weess emol net, ob et sollt politesch gewollt gewiescht sinn. Well an der Kommissioun hu mer op eemol driwwer diskutéiert, wéi gesot ginn ass: Ma, dann, wann elo de Buergermeeschter an d'Schäffen och kënnen Netlëtzebuurger sinn, wat schwätzen déi dann? Do war eng éischt Approche, datt am Fong gesot ginn ass: Ma an eisem Gesetz steet, datt déi dräi Sproochen kéinte geschwat ginn.

Well awer och an de Majoritéitspartei verschidde Kollegen zu deem Zäitpunkt net esou richteg dermat averstane waren a sech konnte virstellen, datt an engem Schännerot Leit kéinte sëtzen, déi net d'Lët-

zebuurger Sprooch géife beherrschen, ass dann dunn am Fong méi déif an den Text eragekuckt ginn. An et ass dunn awer erausfonnt ginn, datt déi Méisproochegkeet also, datt een niewent dem Lëtzebuergesch och kéint Däitsch a Franséisch schwätzen, datt dat sech géif op d'Conseillere limitéieren. Et limitéiert sech also, et ass also net de Gemengerot; d'Conseillere si Member vum Gemengerot, e Buergermeeschter a Schäffe sinn och Member vum Gemengerot, mä si sinn net Conseiller.

Mir waren an der Kommissioun du mat där Interpretatioun eis parteiwwergräifend esou eens, an et ass och esou am Rapport festgestallt ginn. Obschonn ech vu menger Säit ëmmer, an och elo nach, mengen, datt déi Interpretatioun, wa se misst eng Kéier juristescht gekläert ginn - eis Juristen hunn zwar gesot, dat wier stéckhalteg -, ech awer fäerten, datt mer do kéinten awer, wann dat misst eng Kéier juristescht gekläert ginn, déi eng oder déi aner Problemer mat eiser Interpretatioun zu deem Text kréien.

An et ass virdrun och schonn hei ugeklongen: An darselwechter Zäit, wéi mer an der Kommissioun doriwwer diskutéiert hunn, a Präsenz vum Innenminister, huet den Innenminister op eng parlamentaresch Fro vum Kolleg Marc Spautz geäntwert. An zwar vill méi konfus schonn erëm, wéi dat an der Kommissioun diskutéiert ginn ass. Ech erlabe mer, hei aus där Äntwert vun där Question parlementaire kuerz ze zitieren. Dorausser ergëtt sech also - et geet ëm d'Sprooch -, datt weder ee Kandidat nach e gewielte Member vum Gemengerot genéidegt - dat seet scho villes! - ass, sech op Lëtzebuergesch ze expriméieren. Also, et ass kee Member vum Gemengerot genéidegt, also forcéiert, sech op Lëtzebuergesch ze expriméieren, mä datt en awer keng Iwwersetzung vum Lëtzebuergesch ka fuerderen.

Dorausser liesen ech, dat kann deemno esou interpretéiert ginn, datt de Gebrauch vun der lëtzebuergescher Sprooch d'Regel ass, an datt all Member vum Gemengerot muss verstoen. Et bedeit dann awer och, an da kënnt en erëm e bëssen an d'Logik vun der Kommissioun, datt ee Gemengeconseiller d'Méiglechkeet huet, sech am Gemengerot an enger vun deenen zwou aneren offizielle Sproochen vun eisem Stat ze artikulieren.

Ech mengen, eleng déi Interpretatioun, déi de Minister an deemselwechten Zäitraum ginn huet, wou mer an der Kommissioun doriwwer diskutéiert hunn, déi beweist, datt et eng Rei vun Interpretatiounen vun deem Text gëtt. Duerfir hätte mir och léiwer gehat, wa jiddwereen esou seet: D'Sprooch am Gemengerot ass Lëtzebuergesch. A wa jiddweree seet: De Buergermeeschter an d'Schäffe müssen op d'mannst Lëtzebuergesch schwätzen.

Wa gesot gëtt, d'Debatten am Gemengerot missten op Lëtzebuergesch gefouert ginn, wou souguer gesot ginn ass, wann e Buergermeeschter géif d'Debatten net op Lëtzebuergesch féieren, da kéint een d'Nullitéit vun der Délibératioun ufroen. Wa mer also där Meenung sinn, dann hätte mer och solle kloer an d'Gesetz schreiwen, datt d'Sprooch an de Gemengeréit Lëtzebuergesch wier an näischt anescht. Da wieren all déi Konfusiounen do net entstanen. Well wann een esou eppes an e Gesetz schreift, dann dokumentéiert een domadder automatesch, datt een net dovun iwwerzeegt ass, datt d'Sprooch am Gemengerot misst Lëtzebuergesch sinn.

Duerfir mengen ech, datt et also och wäert an Zukunft dozou féieren, datt mer do wäerten Diskussiounen kréien. A wann eng Kéier eng juristescht Interpretatioun misst kommen, fäerten ech ganz, datt d'Gerichter da géifen anescht uerteelen wéi dat, wat d'Kommissioun an hirer Wäisheet gemengt huet als Interpretatioun an deem Text do eranzeleeën.

Et ass also éischter, géif ech mengen - déi Interpretatioun -, eng Alibi-Missioun, fir d'Leit dobaussen am Land ze berouegen a fir ze soen, ma hei, et muss och an Zukunft Lëtzebuergesch geschwat ginn an de Gemengeréit. Mä d'Text, déi am Gesetz stinn, déi loosse eiser Meenung no eng aner Interpretatioun zou.

Här President, wat d'Ausdehnung vum Wahlrecht ubelaangt: D'ADR war 1995 mat der Aféierung vum aktive Wahlrecht fir Netlëtzebuurger averstanen. Dat si mer selbstverständlech och haut, och wat dat passivt Wahlrecht fir d'Conseillere ubelaangt. Mir soen, datt mer och iwwert d'EU erausgaange sinn. Dat fanne mer och normal, quitte datt et tëschent den EU-Bierger a Lëtzebuurger eng Réciprocitéit gëtt, dat heescht, dat Recht, wat e Fransous, en Italiener, e Portugis, en Däitschen oder en EU-Bierger hei zu Lëtzebuerg huet, dat huet de Lëtzebuurger Bierger och an deem Land.

Wa mer iwwert d'EU erausginn, besteet déi Réciprocitéit awer net méi. Well, wann e Chinees och muer kann hei wielen, kann duerfir nach net iwwermuer e Lëtzebuurger a China oder an Amerika oder a soss engem aneren EU-Stat (veuillez lire: Net-EU-Stat) wielen. Et besteet also eng Differenz...

(Interruptions)

► **M. Camille Gira (déi gréng).**- Et ass awer kee Problem.

► **M. Gast Gibéryen (ADR).**- Här Gira, d'Diskussioun war bis elo am Fong seriö. Ech weess net, firwat datt Dir elo ufänkt op eemol hei Witzer ze maachen. Et schéngt lech net ganz eescht ze sinn, dat Ganzt.

► **M. Camille Gira (déi gréng).**- Neen, dat war kee Witz.

► **M. Gast Gibéryen (ADR).**- Op jidde Fall... Dach, jo.

► **M. Camille Gira (déi gréng).**- Et ass d'Realitéit.

► **M. Gast Gibéryen (ADR).**- Jo, jo, et gëtt och Lëtzebuurger Kascht hei am Land, net nëmme chinesesch. Mir kënnen et och esou diskutéieren.

Bon, op där anerer Säit, Här President, wann déi Réciprocitéit net besteet, mir hunn awer domadder kee Problem - ech wëll dat hei soen -, well mir soen, een, deen net an der EU wunnt, e Schwäizer zum Beispill, firwat soll deen, wann deen e puer Joer hei am Land ass, sech manner gutt integréiert hu wéi ee Fransous, deen hei am Land wunnt. Duerfir, ech wollt dat just soen, datt déi Réciprocitéit net besteet bei Net-EU-Stat, mä datt mir awer kënne mat där Regelung hei bestoen.

En anere Problem, Här President, deen ee misst dann uschneiden, dat sinn zum Beispill d'Ausländerkommissionen an de Gemengen. D'Fro ass, mengen ech, dann awer berechtigt, wann elo hei eng Majoritéit higeet a si seet am Fong, um Niveau vun de Gemenge gëtt et keng Differenze méi tëschent Lëtzebuurger an Netlëtzebuurger, souwuel wat dat aktiivt wéi dat passivt Wahlrecht ubelaangt, da misst ee sech awer d'Fro stellen: Firwat müssen dann an de Gemengeréit nach Ausländerkommissionen gemaach ginn? Well si hu jo dann déiselwecht Rechter wéi d'Lëtzebuurger! Da sinn ech och der Meenung, et bräicht een net onbedéngt méi nach déi Kommissiounen do bestoen ze loosse.

Wat d'Incompatibilitäten ubelaangt, Här President, hu mer an de Kommissioun ganz laang driwwer diskutéiert. Mir hunn e Kompromëss fonnt, dee vläicht keen zefridde stellt, mä mir hunn awer e Kompromëss fonnt, deen ee ka matdroen a mat deelen. An datselwecht bedeit (veuillez lire: géllt) och, wat d'Prozeduren, wat d'Mise en fonction vun deenen neie Gemengeréit ubelaangt, déi och a mengen Aen e bësse komplizéiert ass. Mä et ass och e Kompromëss, dee mer fonnt hunn no laangen, laangen Diskussiounen. An duerfir kann een och dee Kompromëss do mat deelen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, wann d'ADR och mat enger Rei vu Punkte vun deem Gesetz averstanen ass, esou wäert d'ADR awer géint dëst Gesetz stëmmen, well mir mat - fir eis - zwee wesentleche Punkten awer net averstane sinn: Nämlech, datt Netlëtzebuurger kënnen an Zukunft de Posten als Buergermeeschter a Schäffe besetzen; a well et fir eis misst kloer am Gesetz verankert sinn, datt d'Sprooch an de Lëtzebuurger Gemengeréit och Lëtzebuergesch wier.

Ech soen lech Merci.

► **Une voix.**- Très bien!

► **M. le Président.**- Ech soen dem Här Gibéryen Merci. Als leschte Riedner ass den Här André Hoffmann agedroen. Här Hoffmann, Dir hutt d'Wuert.

► **M. André Hoffmann (déi Lénk).**- Här President, léif Kolleginnen a Kollegen, mir ware viru bal 100 Joer eent vun deenen éischte Länner, déi d'allgemengt Wahlrecht agefouert hunn. Souguer fir d'Fraen! Ech weess net, wéi d'ADR haut an deem do Fall géif stëmmen. Dat iwwerlosse mer hinnen emol, sech dat selwer ze iwwerleeën.

► **Une voix.**- Mir sinn haut nach heemlech dergéint.

► **M. André Hoffmann (déi Lénk).**- Mir hunn an der...

(Interruptions et hilarité)

Mir hunn an der aktueller...

► **M. Gast Gibéryen (ADR).**- Här Hoffmann, denkt drun, Dir hutt nëmme fënnf Minutte Riedezäit, vergeut se elo net mat eis!

► **M. André Hoffmann (déi Lénk).**- Jo, ech kréien dat Wichtigst gesot.

(Interruptions et hilarité)

Also, Äert Laache gëtt net bei meng Zäit matgezielt.

Haut, an dat ass dee wichtigste Saz, mengen ech, och haut hu mir de facto hei an eisem Land d'allgemengt Wahlrecht net méi, an zwar zu engem groussen Deel grad fir déi sozial Kategorien, fir déi mer et 1919 duerchgesat hunn. Grad déi sozial Kategorien hunn et entweder guer net um nationale Plang, oder um kommunale Plang mat Aschränkungen, och elo nach, also och elo nach mat deem neie Gesetz, wat mer haut stëmmen. Wat alles anescht wéi perfekt ass, wou mir also och der Meenung sinn, do sinn Nobesserungen absolut néideg. Duerfir hu mer och déi Motioun matgedroen. An ech mengen, et sinn och nach ganz aner Nobesserungen néideg, wéi grad déi do.

Mir sinn der Meenung, dass och Netlëtzebuurger an de Gemengen an d'Exekutiv era kënne kommen. An ech sinn e bëssen erstaunt, ech sinn zwar net Jurist, ech sinn e bëssen erstaunt, a wéi engem Sënn hei den Ennerscheid tëschent Legislativ an Exekutiv gemaach gëtt. Mir kënnt et komesch vir, wann ee seet, et därfe bestëmmte Bevölkerungsgruppen an d'Legislativ, se därferen net an d'Exekutiv. Dat ass dach eng Ofwärtung vun der Legislativ! Et ass d'Legislativ, déi décidéiert. Et ass d'Exekutiv, déi no eise Verfassungsprinzipien ausféiert.

(Interruption)

Jo, ech weess dat. Ech weess dat.

Et ass awer fir mech aus deem anere Grond selbstverständlech, dass se an d'Exekutiv kommen, well, wann ee seet - an dat ass jo awer dann hei, mengen ech, bal Konsensus -, vollt Wahlrecht, da gehéiert do aktiivt a passivt derzou. A wann d'passivt derzougehéiert, da missten och d'Exekutiven an de Gemengen derzougehéieren. An duerfir ass dat och e positive Punkt an deem Gesetz, dee mer ënnersträichen.

Manner positiv ass och fir eis déi Fro vun der Residenzklausel, well dat jo och nach ëmmer Aschränkungen elo bedeit, déi Ausländer par rapport zu Lëtzebuurger ënnerscheeden. Et klängt op deen éischte Bléck iergendwéi verständlech, wann ee seet, et muss een eng gewëssen Zäit am Land gelieft hunn, fir d'Situatioun am Land hei ze kennen. Ech muss lech awer soen, ech kennen och Lëtzebuurger, Stacklëtzebuurger, déi 70 Joer am Land sinn, well se hei gebuer sinn, an awer nach net wëssen, wat den Ennerscheid ass tëschent engem Schännerot an engem Gemengerot!

An ech mengen och - den Här Gira huet et gesot, ech brauch et also net laang ze widerhuelen -, een, dee sech engagéiert op eng Lëscht an an enger Wahlcampagne matmécht, vun deem gi mer aus, dass dee Bescheid weess iwwert d'Verhältnisse hei zu Lëtzebuerg an iwwert d'Roll vun den Institutiounen.

Zur Sprooch: Also éischters, an dat ass awer net oft, dass ech hei d'„Wort“ zitieren, mä haut steet awer ganz richteg am Leitartikel vum „Lëtzebuurger Wort“,



dat ass e „Schäin-Problem“. Well bis mer esou wäit sinn, dass mer an enger Gemeng e Buergermeeschter kréien, dee kee Lëtzebuergesch kann, dat dauert awer nach. Dat dauert awer nach! An ech fäerte ganz, dat kënnt och net.

Zweetens, an där Sproocheproblematik: Mir si jo schizophren do! Mir bretzen eis mat eisem bi- an tri- a wéi vill nach Linguismus. Mir sinn oppen no baussen, mir gi gär an d'Vakanz mat eise ville Sproochen. Mir wëllen awer am Gemengerot, do, elo wëlle mer do awer strikt, strikt Lëtzebuergesch. All eis offiziell Texter, oder bal all, sinn op Franséisch. Wat mécht e Buergermeeschter, wann en am Gemengerot soll e Gesetz virdroen oder eng Circulaire virlesen, déi op Franséisch ass? Muss en déi op Lëtzebuergesch iwwersetzen?

Duerfir proposéieren ech, dem Innenminister elo direkt an Opdrag ze ginn, all eis Gesetzestexter, all eis Circularen, all eis Règlements grand-ducaux op Lëtzebuergesch iwwersetzen ze loossen, an et muss nach eng Iwwersetzung sinn „certifiée conforme“. Ech wënschen lech vill Freed derbäi! Eréischt dann, wa mer dat géife maachen, da wiere mer jo aus där Schizophrenie eraus, déi mer hei iergendwéi zum Ausdröck bréngen.

Fréier, ech därff lech drun erënneren, fréier huet hei zu Lëtzebuerg d'Aristokratie an d'Groussbourgeoisie Franséisch geschwat. An an der Chamber hei ass Franséisch geschwat ginn. An deem Éischten, den C.M. Spoo, deem hei opgetratt ass, fir Lëtzebuergesch ze schwätzen, deem huet misse vill Courage hunn an deem huet sech net onbedéngt do beléift gemaach.

► **Une voix.** - Et war emol een, dee Portugisesch geschwat huet.

► **M. André Hoffmann (déi Lénk).** - An deemools huet dat klengt Vollek sech misse upassen a sech misse ustrengen, fir déi Sprooch do ze verstoen. An haut schwätzt dat klengt Vollek zu engem ganz groussen Deel net Lëtzebuergesch, sondern Franséisch.

An elo muss dann dat klengt Vollek sech awer och dann erëm eng kéier upassen enger Sprooch, déi et vu sech aus net schwätzt. Ah sou!

Ee Wuert...

► **M. Gast Gibéryen (ADR).** - Ech hunn awer näischt dergéint, Här Hoffmann, wann Der nach zéng Minutte schwätzt.

► **M. André Hoffmann (déi Lénk).** - D'Liewenserwaardung gëtt mer nach e bëssen...

► **M. Gast Gibéryen (ADR).** - Ech ginn lech nach zéng Minutten, gären.

► **M. André Hoffmann (déi Lénk).** - Déi duerchschnëttlech Liewenserwaardung, déi gëtt mer nach e bëssen Zäit.

D'Fro, déi sech stellt vun den Inscriptiounen, ganz kuerz. D'Inscriptiounen op de Wielerléschten, do stellt sech jo d'Fro - ech weess net, ob ee se opgeworf huet, ech mengen net -, ob déi sollen automatesch sinn oder net. Hannendru stellt sech natierlech dann d'Fro vun der Wahlpflicht, an dat ass dann e bësse méi delikat. Ech mengen, déi sollt een am Moment effektiv net virgesinn. Awer Informatioun, Sensibiliséierung, Erliichterung vun der Inscriptioun an esou weider, dat awer alles.

Dann zum Schluss, ech mengen, mir sollen eis déi ganz Fro vun den Incompatibilitäten, souwuel um kommunale Plang wéi um nationale Plang, nach eng kéier wirklech iwwerleeën. Well ech mengen, dass mer op där enger Säit ze vill streng sinn, wa mer ganz Beruffsgruppe quasi ausschléissen, mat Argumenter wéi Séparation des pouvoirs oder anerer.

Jiddweree fënnt et selbstverständlech hei an der Chamber, dass en Affekot - näischt géint Affekoten, gell -, dass en Affekot ka matstëmmen iwwer en Affekotegesetz, dass en Dokter ka matstëmmen iwwer eng Gesondheitsreform, awer en Enseignant därff net hei - en aktiven -, därff net hei sinn, fir mat ofzestëmmen iwwer e Schoulgesetz. Also, do muss ee sech, mengen ech, wirklech nach eng kéier Saachen iwwerleeën.

An ech fäerten, dass mer op där anerer Säit, wann et wirklech ëm Décisiounen

geet, ëm Posten, wou Décisiounen geholl ginn, ëm d'Vermëschung vu Funktiounen, wou wirklech Décisiounen geholl ginn, dass mer do net streng genuch sinn.

Ech stëmmen also dat Gesetz haapt-sächlech wéinst deem Punkt „Zougang zum Schäfferot“ an hoffen, dass Nobesserungen nokommen.

► **M. le Président.** - Merci dem Här Hoffmann. Domadder wiere mer um Enn vun der Diskussioun. Elo kritt den Innenminister Jean-Marie Halsdorf d'Wuert.

► **M. Jean-Marie Halsdorf, Ministre de l'Intérieur et à la Grande Région.** - Här Président, Dir Dammen an Dir Hären, fir d'Alleréischts wollt ech dem Rapporteur, dem Gilles Roth, Merci soe fir déi gutt Aarbecht, déi hie geleescht huet am Kader vun der Diskussioun, an dee Rapport, deem hie gemaach huet, dee schréfftlechen an dee mëndlechen.

Ech wëll dese Merci awer och un déi aner Membere vun der Kommissioun ausweiten, déi konstruktiv, heiansdo kontrovers mat diskutéiert hunn. Wierklech, esou soll een och matenee funktionéieren, da kënnt och eppes dobäi eraus fir eis Biergerinnen a Bierger.

Am Spezielle wollt ech och där grénger Partei fir hir wirklech konstruktiv Haltung am Kader vun dësem Gesetz expressis verbis Merci soen. Esou kënne mer, am Fong geholl, an engem vun deene wichtigste Gesetzter, déi mer hei hunn zu Lëtzebuerg, weiderkommen.

Wëssend, dass déi vill Ännerungen um Wahlgesetz..., ech wëll lech soen, dass an deene leschten, ech hat dat nogekuckt, vun 2003 un ass dat heite schonn déi fënneft Modifikatioun vum Wahlgesetz. A wann ech dat éischt Wahlgesetz huele vun 1924, dat gouf bis haut 42-mol geännert, wat also kloer weist, dass dat ee Gesetz ass, wat leeft.

An ech géif et net esou gesinn, wéi verschidde Leit dat haut de Mëtteg gesinn hunn, dass dat am Fong geholl - wéi géif ech dat soen? - en negativen Touch hätt, mä ech géif dat éischter, also net als e Fluch gesinn, mä éischter als ee Segen, well am Fong geholl ass et ee liewege Bewäis vun enger funktionnéierender Demokratie, wann een e Gesetz oft ännert. Dat ass meng Visioun vun der Saach.

Dee Projet hei si mer also ugaangen. Mir haten am Ufank zwee Projete vun der Regierung, dat war am Joer 2008 - ech wollt kuerz nach eng kéier drop zrëckkommen -, an do si mer jo pragmatesch virgaangen. Do hu mer jo gesot, mer huelen alleguerten déi Dispositiounen, déi am Fong geholl d'Europawahlen an d'Chamberswahle betreffen, eraus.

Dat hat ech der Chamber proposéiert deemools, am Joer 2008, well mer en Avis hate vum Statsrot, wou vill Ännerungen ze maache waren. A mir hätten déi Ännerungen net alleguerte kuerzfristeg kënne duerchhuelen, duerfir hu mer dann haut déi Diskussioun, a mer kucken dann déi Gesetz elo, dat fir d'Gemengewahle stëllt, dann och haut ebe rechtskräfteg ze kréien.

Ee Punkt, dee mer an deem Kontext wichtig schéngt, a wou mer wirklech eng gutt Aarbecht gemaach hunn, fir emol unzefänken, dat ass deen, dat ass am Fong geholl den Transfert vu verschiddenen Artikelen vum Wahlgesetz an d'Gemengegesetz. De Statsrot hat dat proposéiert, aus Grënn vu Kohärenz a Kompatibilitéit. Ech mengen, dat ass scho wichtig, well doduerch hu mer méi Kloecheit ënnert deenen zwee Gesetzter, Gemengegesetz a Wahlgesetz, fir dat nei opzedeelen. Dat ass gutt gemaach, an do wäerte mer an Zukunft konsequent an där Richtung weider légiféréieren, wann Dispositiounen komme betreffend d'Gemengen- respektiv d'Wahlgesetz.

Dann, wat jo en neit Element ass, wat haut och vill diskutéiert ginn ass, dat ass justement d'Ausweitung vun de politesche Rechter en faveur vun den Netlëtzebuurger um kommunale Plang. Dat war jo eng Dispositioun, déi war nach net an der Diskussioun, wéi d'Gesetzter déposéiert gi sinn am Joer 2008 am März, mä dat huet d'Regierung mat hirem neie Regierungsprogramm erabruecht, a mir hu jo och haut e breede Konsensus fir dës Dispositiounen.

Et ass och wichtig, dass dës Neierung eppes zur Integratioun bäidrëit, well Integratioun, eng gutt Integratioun, déi geet net ouni Participatioun - dat ass ganz kloer -, Participatioun um gesellschaftlechen an awer och um öffentleche Liewen. Mir stellen also d'Lëtzebuurger an d'Netlëtzebuurger hei gläich.

Wann een dat an eisem institutionelle Kader kuckt, dann ass déi Roll, am Fong, vun der Gemeng hei eng aner wéi an eisen Nopeschlänner. Ech widderhuelen dat gären nach eng kéier an deem heite Kontext, well hei zu Lëtzebuerg spillt d'Gemeng d'zweet Gei. Well alles, wat de Stat net mécht, den Zentralstat, dat mécht d'Gemeng.

An anere Länner, wou och Dispositiounen sinn, wou d'Bierger, d'Ausländer sech kënne an der Gemengepolitik engagéieren, do spillt awer, muss ech ganz kloer soen, d'Gemeng oft nëmmen d'fënneft Gei. Ech huelen d'Fransousen: A Frankräich hu mer en Zentralstat, mir hunn eng Regioun, mir hunn een Département, mir hunn eng Communauté des communes - an da kënnt d'Gemeng. An Däitschland hu mer en Zentralstat, mir hunn d'Länder, mir hunn d'Kreise, mir hunn d'Verbandsgemeinden - an da kënnt d'Gemeng.

Dat heescht also, dass et ganz kloer ass, dass den Impakt vun där Dispositioun, déi mer elo hei an d'Gesetz geschriwwen hunn, wou mer eis auslännesch Matbierger mat eranhuelen an de politeschen Alldag, deem ass hei vill méi, géif ech soen, méi bedeitend wéi an deenen anere Länner. Dat soll een emol eng kéier ganz kloer an daitlech soen!

Ganz kloer an daitlech wëll ech och soen, hei zu Lëtzebuerg hu mer 43% Ausländer, also Netlëtzebuurger, sou dass esou eng Dispositioun sech och hei ganz anescht erëmfënnt wéi an eisen Nopeschlänner, well jo ganz oft de Verglach gemaach gëtt, wa mer iwwert déi sougenannte Residenzklausele schwätzen. Duerfir gesinn ech déi net negativ, mä ech gesi se nuancéiert. Duerfir sinn ech och d'accord mat där Démarche, déi déi gréng Fraktioun geholl huet, fir no de Gemengewahlen driwwer ze diskutéieren, ob een déi Residenzklausele soll vu fënnef op zwee Joer zrëckféieren.

Mä ech wëll awer kloer an daitlech soen, dass dat kee Geste innocent ass an dass deen zu Lëtzebuerg sécherlech eng aner Bedeitung kritt wéi an anere Länner. Well wa mer vun Integratioun schwätzen a vu Participatioun, da schwätze mer awer och vun Identitéit. An do ass eis Sprooch justement, mengen ech, e Schlësselwuert. Duerfir gëtt jo och haut vill hei iwwert d'Sprooch geschwat. Obschonn den Artikel 14 am Fong geholl vun dësem Gesetzesprojet guer net beréiert gouf, ass d'Sprooch awer thematiséiert ginn, wat ech verstinn.

Wat ech awer net verstinn, dat ass, dass een hei eraus wëllt wirklech dat Ganzt iwwerspëtzen. An am Fong geholl, mengen ech, ass et och en „faux débat“. Fir mech ass et kloer: Dat, wat d'Kommissioun seet iwwert d'Lëtzebuurger Sprooch an de Gemengeréit, an dat, wat ech dem Marc Spautz an enger Question parlementaire geäntwert hunn, dat ass deckungsgläich. Dat heescht, d'Liesart vun der Kommissioun mat där Analys, déi ech ginn hunn an där Question parlementaire vum Marc Spautz, déi passe beieneen.

Ech wëll duerfir nach eng kéier kuerz op déi Fro agoen, déi ech dem Marc Spautz beäntwert hunn, well do hunn ech geschriwwen, dass d'Lëtzebuurger Sprooch am Gemengegesetz a folgendem Kader steet: «La langue usuelle parlée au conseil communal est le luxembourgeois. Les conseillers peuvent s'exprimer également dans l'une des autres langues visées à l'article 3 de la loi du 24 février 1984 sur le régime des langues. Nul ne saurait toutefois demander une interprétation de la langue parlée ou une traduction des documents écrits présentés en une des langues visées par la loi précitée ou en toute autre langue.» Dat ass den Artikel 14, Alinea 2.

Do ass et fir mech esou, dass d'Ratio legis kann also deemno esou interpretéiert ginn, dass de Gebrauch vun der Lëtzebuurger Sprooch d'Regel ass, an dass all Member vum Gemengerot Lëtzebuergesch muss verstoen. Et bedeit awer och, dass de Ge-

mengeconseiller muss d'Méiglechkeet hunn, sech am Gemengerot an enger anerer vun deenen zwou Sproochen vun eisem Stat ze artikuléieren.

Mä onofhängeg vu senger perséinlecher Meenung huet, mengen ech, den Innenminister awer och - wéi soll ech soen? -, steet e fir eng korrekt Uwendung vun der kommunaler Gesetzgebung. An deem Kader, wou mer esou agéieren, duerfir... Ech mengen, d'Législatioun huet dat esou fixéiert, an ech hu mech dorunner ze halen.

Dee gesetzleche Kader vun der Sproocheregulung gëtt nun emol iwwert d'Gesetz vu '84 geregelt, an do wëll ech och nach eng kéier gären den Text virlesen, den Artikel 3: «En matière administrative contentieuse et non contentieuse et en matière judiciaire, il peut être fait usage des langues française, allemande et luxembourgeoise sans préjudice des dispositions spéciales concernant certaines matières.»

Et ass also kloer. A wat och hei opfällt, dat ass gradesou kloer, dass ech déi Texter, déi offiziell sinn, op Franséisch virlesen an net op Lëtzebuergesch. Dat weist also kloer, dass een dat net sollt iwwerspëtzt soen, an dass mer déi dräi Sproochen brauchen. Duerfir ass et fir mech an der Praxis net virstellbar - et ass net virstellbar! -, dass eng Persoun ee politescht Mandat ausüben kann, ouni dass se capabel ass, all offiziell Sprooch vun eisem Land ze beherrschen. Dat ass also fir mech ganz kloer.

An ech sinn och der Meenung, dass d'Beherrsche vun der Lëtzebuurger Sprooch de Schlëssel vun der Integratioun ass a vun der Kohäsioun vun der Lëtzebuurger Gesellschaft. Dat huet den honorablen Deputéierte Marc Spautz opgeworf an och de Gilles Roth, an ech wëll mech deem associéieren.

Mä et muss ee wëssen, d'Lëtzebuurger Gesellschaft huet sech och positionéiert an der Groussregioun. Ech sinn net fir näischt Minister vun der Groussregioun oder fir d'Groussregioun, éischter fir d'Groussregioun,...

► **Plusieurs voix.** - Ooohhh!

(Hilarité)

► **M. Jean-Marie Halsdorf, Ministre de l'Intérieur et à la Grande Région.** - ...a grad eis Dräisproochegkeet, déi den Här Hoffmann och ugeschwat huet, déi ass awer e wichtegt Argument, e grouse Virdeel fir eis, am Fong geholl fir eist kosmopolitescht Ëmfeld. Sécherlech dréit d'Lëtzebuurger Sprooch zum Zesammenhalt an zu eiser Identitéit wesentlech bäi, mä d'Sproochegesetz vu '84 setzt ganz kloer déi dräi offiziell Sproochen, an deene mer kënne kommunizéieren. Duerfir ass dat do fir mech en „faux débat“, a mer mussen elo kucken, wat d'Realitéit bréngt an deenen nächste Joren. Mä bis elo hate mer keng Problemer, an ech ginn och dovun aus, dass an deenen nächste Joren do keng Problemer wäerte kommen.

E puer Wieder nach iwwert d'Incompatibilitäten. Do sinn ech frou, wëll ech kloer soen, dass mer e Konsensus fonnt hunn, well am Regierungsprogramm stoung jo: «Le Gouvernement élaborera un catalogue minimaliste et exhaustif des incompatibilités entre les mandats locaux...» - dat heescht «conseiller communal, échevin et bourgmestre» - «...et les différents postes d'agent public. À défaut, le projet de loi élaboré par le Gouvernement précédent prévoyant l'abolition des incompatibilités sera maintenu.»

Gutt, dat Ganzt ass jo ënnert dem Uerteel vum Verwaltungsgericht iwwert de Verwaltungsdirekter am Fong geholl diskutéiert ginn, an déi haten den Text esou interpretéiert: «Ainsi, le législateur, loin de vouloir écarter du mandat de conseiller communal tous les fonctionnaires disposant d'un pouvoir de décision spécifique en matière administrative ou financière ou encore d'un pouvoir de décision individuel et autonome, a voulu éviter que font partie du conseil communal d'une commune déterminée des fonctionnaires qui, de par leur domaine de responsabilité, sont mis



en rapport avec la commune où ils ont été élus, indépendamment de la question quant à l'exercice effectif du pouvoir dont ils disposent en vertu de leur fonction.

Ce faisant, le législateur a entendu exclure dès le départ tout risque d'interférences entre la fonction du fonctionnaire concerné et son mandat de conseiller communal, situation susceptible de se recouvrir ou d'être en opposition avec les intérêts de la commune concernée, et ceci par souci de garantir un fonctionnement objectivement correct du conseil communal.»

Grad justement d'Expressioun «indépendamment de la question quant à l'exercice effectif du pouvoir dont ils disposent» stellt hei de Problem duer. Et féiert am Fong zu enger quasi virtueller permanenter Onvereenbarkeet tëschent der Fonctioun an dem Mandat. Kuerz, dat geet sécherlech - an doriwwer si mer eis awer, mengen ech, all eens heibannen - iwwert d'Zil eraus, dat sech de Gesetzgeber 2003 ginn hat. A mir mussen awer och ëmmer am Kapp behalen, mengen ech, dass déi politesch Rechter Grondrechter si vu jiddwerengem, an déi därerf een nëmmen beschneiden do, wou et onbedéngt noutwendeg ass.

Do spillt fir mech ganz kloer de Prinzip „la capacité est la règle, l'incapacité est l'exception“. Schliesslech kann et jo awer net esou sinn, dass ee Leit eppes ënnerstellt, nëmmen, well se enger bestëmmter Aarbecht noginn. Während déi Leit, déi am Fong geholl eng allgemeng Onvereenbarkeet hunn, wéi zum Beispill d'Leit vum Innenministère, der Arméi, Polizei...

(Interruption)

Wat sot Der, Här Braz? Wat wollt Der soen?

► **M. Félix Braz,** (*déi gréng*).- Wann d'Polizisten ee Rapport maachen, därerf een net einfach ënnerstellen, e wier falsch.

► **M. Jean-Marie Halsdorf,** *Ministre de l'Intérieur et à la Grande Région*.- Neen, d'accord, mä op där enger Säit huet ee Leit, déi eng permanent Onvereenbarkeet hunn, an op där anerer Säit huet een eenzel Fäll, wou Leit an eng Situatioun kommen, wou ee Konflikt kéint bestoen, wat hiert Mandat ugeet. Duerfir muss ee kucken, wéini, ab wéini huet ee Beamten Afloss op d'Muecht, oder wéini kann en e Kompatibilitésproblem kréien.

Duerfir hat ech nokucke gelooss, zum Beispill d'Délégation de signature beim Stat, well wann ee jo eng Délégation de signature huet an der Regierungsverwaltung, esou ee ka jo am Fong geholl dann, ass susceptibel, iergendwann grad eng kéier senger Gemeng kënnen en Avantage ze bréngen. Do hu mer beim Stat 786 Délégations de signature en matière financière a 735 Délégations de signature en matière administrative.

Dir gesitt also, dat ass praktesch net méiglech, eng liste exhaustive minimaliste ze maachen. Dat wollt ech och emol eng kéier kloer soen, fir déi Leit, déi dat hei gefuerdert hunn. An duerfir sinn ech frou, dass mer an där zoustänneger Kommissioun, nodeems mer iwwert dat doten alles diskutéiert haben, e Konsensus fonnt hunn, an ech wëll och an deem Kontext deene Leit allegueren, de Membere speziell, Merci soen, fir dass mer déi Solutioun hei esou konnte fannen.

Ech mengen, dass dat heite sécherlech net - wéi géif ech elo soen? - déi Léisung ass, well et gëtt net déi Léisung, et gëtt nëmmen, déi eng fanne se gutt, déi aner fanne se manner gutt. Mä ech mengen, hei hätte mer genuch Rechtssécherheet, fir am Fong geholl mat deser pragmatischer Léisung e Minimum vu Leit vum lokalpolitische Liewen auszuschléissen, op där anerer Säit awer Konfliktpotenzialer tëschent Beruff a Mandat wäitgehend ze verhënnern. Dat ass eis, mengen ech, gelongen.

Wat och wichteg ass am Gesetz, ech wëll dat nach eng kéier hei ervirsträichen, dat ass, dass mer am Fong geholl e Minimum vun Eegeverantwortung vum Eenzelne verlaange mat deem Gesetz, well dee muss selwer iwwerpräwen, ob seng Situatioun

vun Onvereenbarkeet, ob déi do ass oder net, an hie muss dat dann an engem Délai vun 30 Deeg mellen.

Gradesou ass och an deem Saz eng aner Neierung déi, dass en Appel au suivant gemaach ka ginn an enger Majorzgemeng. Dat kann de Minister elo maachen, fir dass de Gemengerot ka vollzieleg ufänken. Dat war bis elo de Fall net.

D'Veereedegung an d'Entrée en fonction vum Gemengerot, ech mengen, do ass et och elo kloer. Wéini engem Gemeengeconseiller säi Mandat ufänkt, dat ass kloer. D'Conseillere gi no all Wahlen nei vereedegt. D'Entrée en fonction vum Gemengerot ass och kloer, den exakten Datum. D'Demissioun vum Gemeengeconseiller, déi gi wierksam dräi Deeg no der Akzeptatioun duerch den Innenminister. Do hu mer also vill Rechtskloerheeten, déi mer bis elo net haben.

An och d'Designatioun vum Buergermeeschter a vum Schäffen ass elo am Fong geholl formaliséiert ginn, leider net - an dat huet de Jempy Klein jo opgeworf a senger Interventioun hei - iwwert déi sougenannten Assemblée des élus, déi mer am Fong geholl gären hei agefouert hätten, wou mer awer eng Opposition formelle kritt hunn. Dat war awer eng Recommandatioun vum Congrès des pouvoirs locaux et régionaux, also vum Conseil de l'Europe.

Gutt, mir hunn dat trotzdem fäerdeg bruecht ze formaliséieren. An, wat och eng Recommandatioun ass, de Buergermeeschter an d'Schäffe ginn no all Wahl nei assermentéiert. De Schäffe gëtt vum Innenminister genannt, an de Buergermeeschter an d'Schäffe ginn elo vum Innenminister vereedegt. Dat waren alles Dispositiounen, déi och vum Congrès des pouvoirs locaux et régionaux gefrot gi waren.

Zum Ofschloss: Ech si mer bewosst, dass dese Gesetzesprojet net all Schwaachstellen am Wahlgesetz berengegt. Et bleiwen nach sécherlech eng Rei Widder-spréich, Imprezisiounen, Anachronismen. Ech hat och duerfir scho während der Kommissioun proposéiert, wa mer dee Projet haut gestëmmt hunn a mer Rechtssécherheet hu fir eis auslännesch Matbierger, dass si kënnen an deenen nächste Gemeengewahlen deelhuele: Kommt, mer diskutéieren nach eng kéier an der Chamber, am Kader vun der Kommissioun, iwwert dat, wat ugeschwat ginn ass, de Wahlalter, iwwert de Vote électronique, iwwert d'Égalité des sexes oder d'Quotae vu Fraen och an de Gemeengefonctiounen! Ech sinn domat d'accord, dat ass näischt Aussergewöhnlech.

Ech widderhuelen dat nach eng kéier: Hei ass déi fënneft Modifikatioun vum Wahlgesetz säit 2003 an et ass déi 42. säit 1924. Et ass eng komplex Matière, an et geet drëm eben, dat Beschtméiglecht ze maachen, fir dass eis Leit wierklech wëssen, dass, wa se hei zu Lëtzebuerg wile ginn, mer no bei hinne sinn, an dass mer dann eben eng Rechtslag hunn an eng Gesetzlag hunn, déi Rechtssécherheet (veuillez lire: Rechtssécherheet) bedeit.

Et si Coquillen ugeschwat ginn haut de Mëtteg, zwou Stéck, déi kënnen mer an déi wäerte mer an deenen nächste Woche berengegen. Et ass och geschwat ginn iwwert d'Ausländerkommissioun. Do wollt ech dem Här Gibéryen soen, déi heeschen haut net méi Ausländerkommissioun, mä déi heeschen haut Kommissiounen vun der Integratioun; mä do ass kee Problem.

Et kann een och d'Fro diskutéieren, déi mer haut net diskutéiert hunn, déi mer awer nach wäerten diskutéieren: Wie muss Lëtzeburger si bei enger Gemeng, wien net, wann elo schonn de Buergermeeschter an d'Schäffe kënnen Ausländer sinn? Dat sinn aner Froen, déi nach um Programm stinn.

Et ass eng passionnant Matière, d'Wahlgesetz. Ech si frou, dass mer haut hei konnte wierklech konstruktiv dëst Gesetz esou änneren, dass mer eng gréisstméiglech Satisfaktioun heibanne kréien. An ech fannen et och gutt, dass déi Motioun elo breet gedroe gëtt an dass mer déi dann am Hierscht wäerten diskutéieren.

Merci!

► **M. le Président**.- Merci dem Innenminister. Domadder wäre mer um Enn vun

der Diskussioun a mir kommen elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi. Et sief nach eng kéier drop higewisen, datt laut Artikel 114 vun der Verfassung eng qualifizéiert Majoritéit vun zwee Drëttel vun de Stëmmen erfuerdert ass. De Vote par procuration ass net erlaabt.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmen fänkt un. De Vote ass ofgeschloss.

De Projet de loi 5858 ass ugeholl mat 44 Jo-Stëmmen, 3 Nee-Stëmmen a 7 Enthaltungen.

Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrigh-Duval, Nancy Arendt, MM. Fernand Boden, Lucien Clement, Mme Christine Doerner, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Mme Marie-Josée Frank, MM. Léon Gloden, Norbert Hauptert, Ali Kaes, Marc Lies, Mill Majerus, Mme Martine Mergen, MM. Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Jean-Louis Schiltz, Marc Spautz, Lucien Thiel, Robert Weber, Raymond Weydert et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Claude Haagen, Jean-Pierre Klein, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Ben Scheuer et Mme Vera Spautz;

MM. Claude Adam, Félix Braz, Camille Gira, Henri Kox et Mme Viviane Loschetter;

M. André Hoffmann.

Ont voté non: MM. Jean Colombero, Gast Gibéryen et Fernand Kartheiser.

Se sont abstenus: MM. André Bauler, Eugène Berger, Xavier Bettel, Fernand Etgen, Paul Helminger, Mme Lydie Polfer et M. Carlo Wagner.

Wëllt ee seng Enthaltung begrënnen?

(Négation)

Dat schéngt net de Fall ze sinn.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou decidéiert.

Mir kommen elo zum Projet de loi 6126...

(Interruptions)

► **Une voix**.- D'Resolutioun?

► **M. le Président**.- Ah, d'Resolutioun, entschëllegt, jo! Richtig.

Résolution 1

Mir hunn hei nach eng Resolutioun, déi vun...

► **Une voix**.- Véier Parteien.

► **M. le Président**.- ...ville Fraktiounen ënnerschiwwen ass. Duerfir, mengen ech, kéint ech déi par main levée zum Vote stellen.

Vote sur la résolution 1

Wien ass mat där Resolutioun d'accord, esou wéi se vum Här Camille Gira abruecht ginn ass?

Wien ass dergéint?

Dat schéngt mer effektiv relativ kloer ze sinn. Domadder wär déi Resolutioun ugeholl.

Mir kommen elo zum Projet de loi 6126, eng Ofännerung vum Code pénal. Hei ass d'Riedezäit nom Basismodell festgeluecht. Et hu sech ageschriwwen: déi Häre Bettel, Bodry, Braz, Kartheiser an Hoffmann. D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorabelen Här Gilles Roth. Här Roth, Dir hutt d'Wuert.

4. 6126 - Projet de loi portant modification de l'article 457-3 du Code pénal

Rapport de la Commission juridique

► **M. Gilles Roth** (CSV), *rapporteur*.- Här President, Dir Dammen an Dir Härren, de Gesetzesprojet 6126 huet als Zweck, verschidden Upassungen um Artikel 457-3 vun eise Code pénal ze maachen. Bei deser Bestëmmung geet et ëm de sougenannte Revisionismus an Negationismus.

Zënter 1997 ass hei zu Lëtzebuerg de Fakt, dass een öffentlech, duerch e Schreiwer, duerch Rieden oder iwwer all aner Kom-

munikationswee e Krichsverbrieche oder Völkermord géif bestreiden, rechtfertegen oder minimiséieren, strofbar. Dorop steet haut eng Prisongsstrof vun aacht Deeg bis sechs Méint respektiv eng Geldstrof vun 251 Euro bis 25.000 Euro.

Mat dem Gesetzesprojet vun haut maache mir elo verschidden Upassungen.

Ausgangspunkt dovunner ass eng europäesch Kaderdécisioun aus dem Joer 2008. Zil ass et, bannent der Europäescher Unioun déi verschidde Gesetzgebungen am Kontext vun der Friemefeindlechkeet an dem Rassismus unzegläichen.

Här President, all EU-Memberstat muss verschidden Tatbestänn a sengem nationale Recht als Strofdot aféieren a se mat enger ugemooßener Strof beleeden. Folgend Tatbestänn falen dodrënner:

d'öffentlech Ustiwwele vu Gewalt géint e Grupp oder e Member vun engem Grupp, dee sech duerch seng ethnesch Originen, seng Relioun oder seng Hautfaarf definiert; d'Verbreenen an der Öffentlechkeet vun Texter, Fotoen an anerem Material, déi rassistesch a friemefeindlech Äusserungen enthalten; d'öffentlech Verherrlechen, d'Ofstreiden an d'Banaliséiere vu Verbrieche géint d'Mënschheet a Krichsverbrieche am Sënn vun de Statute vun dem Internationale Militärgeriicht an der Cour pénale internationale.

Net nëmmen den Täter vun esou Strofdoten, mä och deen, deen zu esou enger Strofdot ustiwwelt, muss kënnen bestrooft ginn. An datselwecht zielt och fir d'Komplicen an den einfache Versuch, also d'Tentative vun esou enger Strofdot. Gesellschaften oder Vereenegungen, zum Beispill eng A.s.b.l., musse bestrooft kënnen ginn, wa si esou Handlung virhuelen. Dat geet vum Verloscht vu staatleche Subventiounen bis zum Opléise vun esou Gesellschaften.

Här President, bei der Repressioun vun esou Strofdote geet et ëm d'Erhale vun enger fräier, demokratescher a multikultureller Gesellschaft. Mir hunn dat hei am Land och dofir ni op d'licht Schëller geholl. Mir hunn an deem Domän eng vun de fortschrëttlechste Gesetzgebungen.

Diskriminatiounen opgrond vun der ethnescher Hierkunft, der Rass, der sexueller Orientéierung sinn net nëmmen am Kontext vun dem Aarbechtsrecht oder dem Statsbeamtestatut verbueden; des Handlung sinn derniewent och strofrechtlech iwwert den Artikel 454 vun eise Code pénal erfaasst. Do ass eis Législatioun also schonn am Aklang mat der europäescher Kaderdécisioun.

Och um Niveau vun der strofrechtlecher Verantwortung vun den Associatiounen an de Gesellschaften brauche mir keng Gesetzesupassung. Dat ass iwwert d'Gesetz vum 11. Mäerz 2010 iwwert d'Responsabilité pénale vun de Personnes morales geregelt. D'Tentative, also de Versuch, an d'Complicitéit si strofrechtlech iwwert déi generell Strofbestëmmungen erfaasst.

Mir mussen awer nawell duerch dese Gesetzesprojet folgend Upassungen maachen: Bei der Strofdot vun dem Negationismus respektiv dem Revisionismus geet d'Prisongsstrof vu maximal zwee Joer op maximal dräi Joer an d'Luucht. De sougenannte Champ d'application, also d'Uwendungsbitt vun dem Artikel gëtt erweidert. D'Strofdot ass ginn, net nëmmen bei dem Bestreiden oder Banaliséiere vu Krichsverbrieche am Sënn vun dem Statut vun dem Internationale Militärgeriicht, mä elo zousätzlech bei Völkermord, Verbrieche géint d'Mënschlechkeet a Krichsverbrieche, déi als solch am Sënn vum Statut vun der Cour pénale internationale ugesi ginn.

Mä esou schlëmm eng Infraktioun an deem sensibelen Domän vum Negationismus respektiv Revisionismus och ass, et muss och dofir Rechtssécherheet spillen. Eng Persoun muss wëssen, wat fir eng Verbrieche als Génocide oder Krichsverbrieche am Sënn vun dem Gesetz ugesi ginn. Dofir ginn déi relevant Uerteeler vun den internationale Gerichtsinstanzen an deem Domän, besonnesch déi vun der Cour pénale internationale via dem Internetsite vun dem Justizministère publizéiert.

D'Approche ass hei déiselwecht wéi bei den UNO-Resolutiounen am Kontext vun